

Es Simmerdram

vum

Marcel Reuland



1947

Imprimerie de la Cour Joseph Beffort
Luxembourg

PERSO'NEN.

De Grof vu Woltz.

Pol, dem Grof vu Woltz sein ielste Jong.

Lorenz, dem Grof vu Woltz sein zwête Jong.

Den Här vu Braneburg.

E Schreiwervum Woltzer Schlass.

Stippchen, e Schreiner.

Vëltén, e Lengewiewer.

Tirtech, e Schneider.

Märten, e Blehschle'er.

En Handwerksmann, dên de Prolog vun engem Theatersteck sêt.

En aneren, dên e Pârd duerstellt.

En drëtten, dên de Mond spillt.

Aner Handwerksleid a Birger vu Woltz. Leid vum Woltzer Schlass.

Rosalind } dem Här vu Braneburg seng Mêdercher, de' als

Celia } kleng Kanner vun de Wichtelcher gestuel go'wen.

Oberon, Kinnek vun de Wichtelcher.

Titania, seng Kinnigin.

Puck, och Robin genannt.

Hêmelmaus

Quaschlek { Wichtelcher aus der Titania hirem Gefolleg.

Penternell

Aner Wichtelcher.

D Steck spillt am E'slek zur Zeit, wo' d Hären nach op hire feste
Schlässer so'tzen.



I. Akt.

1. Szen.

E Bësch am E'slek.

D Rosalind an d Celia leie bei engem Birchen am Getreisch ze schlofen. De Puck kënt eragesprongen.

PUCK

Puck, hei, a Puck, do!
Den Himmel ass blo.
Puck, do, a Puck, hei!
An t ass Hêmond derbei!

E fënt d Rosalind an d Celia.

Do sin se jo, de' zwê, der Kinnigin
hir ausgebrache Schiewercher!
De' Wiederhexen! *E rifft.* Celia! Rosalind!

Se gi wakreg.

CELIA

Du, Puck?

PUCK

Ech selwer, Meis'chen.

CELIA

Wat ass dann lo rem an der Wêr?

PUCK

Macht iech op d Bën! D Titania ward.
T hält nëmme me' un iech, soss wär se lang
rem iwer d Berger.

ROSALIND

Wât?

PUCK

T gêt rem op d Rês.

ROSALIND

Rem fort! Mer sin nach net zerguddstert hei,
der Dag stong schons am Himmel, we' mer ko'men.

PUCK

Bedenkt iech net, raft d Lässer beienên!

ROSALIND

Ech gin et op, dat nennt ên onverstänneg.
Drei Nuechten ênnerwê. dagsiwer knapps
eng Stënnche Ro'; bal her, bal duer; bal det,
bal dat; knapps si mer do, dann hêscht et: weider!

PUCK

En Zêchen, datt de Wand sech huet gedre't.

CELIA

En dre't sech an dêr lêschter Zeit bestänneg.

PUCK

Dat ass em ugebuer — we' anren d Schlofen.

CELIA

An dësem oder dêm den Onverstand.

PUCK

So' ass et grad: e ko'm dermat op d Welt;
a ble'st en net vun enger gudder Seit,
da kënt e gär vun enger schlechter. Wëllt
der oder wëllt der net?

*E gêt op se duer. Bei all Schrack, dên en dêt, patscht et an t sprëtzt
Feier ênnert senge Suelen eraus. D Rosalind an d Celia man sech
eweg.*

De' wären an der Wêch.

An lo spurstrêchs an d Bomecht hanner d Hecken
d Huesen zecken:

de' gro'ss an de' kleng.

de' graff an de' reng.

de' gro an de' brong.

de' al an de' jong!

T he'ert ên e Juegdhar an der Fären. De Puck lauschttert.

Dat sind de' zwe' jong Borschten rem vu Woltz,
de' zenter Jor an Dag de Bësch heirem
opre'eg ma mat Joen a mat Hetzen.

Am helle Summer! Eren Tur gehal,

dir Hären! Haut si mir mol un der Rei,

an Hues a Re' hu freie Laf. Ma ward,

ech sall iech joen, ech sall iech hetzen:

iwer Hiwel an Hank,
durch Suppecht a Sank,
iwer Wis, iwer Wêd,
durch Hecken an Hêd,
durch Deiwt an durch Dällt,
wat d Lieder hält!

Ma lo fer de'scht rem hannescht bei de Kinnek!

T he'ert ê Stëmmen am Bësch.

Wat hêscht dat do? Hê selwer, menger wärech!
An d Kinnigin — mat hirem ganzen Trapp!

Den Oberon an d Titania komme mat hirem Gefolleg eran.

TITANIA

Kommt, Kanner, macht iech fort! Den Oberon
ass onverstänneg. Kommt, de Bësch ass gro'ss,
t gët honnert Platze, wo' mer danze kënnen.

OBERON

T ass fer ze lache: lo sin ech um Enn
den Onverstand.

TITANIA

Sin ech et vleicht, hun ech
vleicht ugefang?

OBERON

Glecksanner we' de' zwê,
we' ên se êmol kaum all honnert Jor
bege'nt op honnert Stonnen, allebe'd
de'selwecht Nuecht gebuer, op d Stonn genê,
wo' d Sonn an hirem hêchste Laf sech ke'ert:
de' soll ech hergin!

Ech halen och! So' hu mer net gewat.
Hënt gin et zwanzeg Jor, du hun ech se
zu Braneburg om ale Schlass erwëscht;



ma ve'er langer Woche so'tz ech Dag
fer Dag an Nuecht fer Nuecht bal am Kamein
a bal an enger Tak, am Keller bal,
hal am Gebälleks ënnrem Dach ze lauren.
Se hun och net zerguddst an hirer We'
gelên, du wor ech bei der Hand. Ech hu
bis haut der Kinnigin se iwerloss,
hu ro'eg ofgeward, hun neicht gesot
an neicht verlangt, an duerfir soll ech drem sin?
Ass dat den Dank?

TITANIA

De Kinnek huet se bruecht,
ma wen hat d Lascht, wen huet se opgezillt?
Wen huet se vun dêr allere'schter Stonn
mat rar Gekreiders a mat Huesemëllech,
mat Erpersaft an Hunneg opgepäpelt?
Wen huet se go gele'ert, danze; sangen,
Kraut a Gede'ersch ënnerschêde? Wen?
De Kinnek vleicht? Hätt ech mech hirer net
erbarnt, se wäre lang zu Schane gang,
t ge'w lang keng Rieds me' vun e gon, an all
den Otem kënt de Kinnek haut sech spueren.

OBERON

Ech wêss jo, wo' et hält: t ass weider neicht
we' Gascht, well d Kinnigin om Schlass zu Woltz
puer Jor virdrun de' zwe' jong Grofen net
huet kritt. Se hât kê Gleck. We kann derfir?

TITANIA

Dat sin dem Kinnek senger Hirgespenster!
Mer hun ons zenter unzekommen net
am Bësch, beim Birchen, net om Berg, net bei
der Bach, op enger Sowelbänk bege'nt
am weide Meer, fer nuets am Lichteschein
ze danzen an ons Liddercher ze sangen,
dês gidwer Ke'er hätt de Kinnek ons
de ganze Spass vergällt mat senge Stauten.
An duerfir huet de Wand, dên nuechtelang
vergiewes ons seng Lidder huet gepaff,
om Meer dobaussen all dat schwarz Gewëlleks,
dê Gallem an de' Niewlen opgesuckelt,
de' stänneg sin an d Land eragekroch
an net me' wollte weichen. Duerfir ass
all Wasser so' geschwollen, duerfir huet
all Bächelchen so' stots de Wanter durch

op Wis a Wêd gestan. Vergiewes ass
am Hêrscht den Ues mam Plo durch d Stecker gang,
d Kar ass verfault, t hat knapps e Bart, an d Frucht.
mat kengem Stillche ko'm se aus dem Buedem.
Am E'slek stêt all Kêlebunn voll Dreck,
an d Piedercher sin zo'gewuess om Floer,
well kên an all dêr Nätzt se ausgetrueden.
D Leid an den Dêrfer hun sech owes an
der Ucht de Wanter iwer net we' soss
mat Sêrcher a Lidder d Zeit verdriwen.
De Mond huet duerops, blêch vun Ierger, d Lucht
mat so' em groe Wasserspill gewäsch
aus engem stênk'ge Pull, voll Ongeziwer,
datt Jonk an Al mat Fe'wer klot an Donst,
mat Durchfall a mat Reissen an de Glidder.

OBERON

D Titania huet et lang schon an der Hand,
fer all dê Misär aus der Welt ze schafen:
e klinzegt Wurd, a Mensch an De'er ass
geholfef.

TITANIA

Kanner, kommt! T ass dêrs genug!
Vun haut un danze mer fer ons eleng,
bis sech de Kinnek anescht huet beduecht.
Kommt, macht iech fort! (*Gêt mam Gefolleg eraus.*)

OBERON

Da laf! Ge' denger Wê!
Ma aus dem Bêsch hei solls de net eraus.
dês deng Gefällegket hätt Hor gezillt!
Wo' bass de, Puck? Komm her, mei brave Borscht!
Puck, wêss de nach, we' mir op enger Lê
beim Meer e Summerowend so'tzen? D Sonn
wor grad um Ennergon, a bêmol fong
eng Wasserfrächen un, so' sche'n ze sangen,
datt d Wale ronderem gedëlleg go'wen,
an d Stären träppweis sin erofgeschoss
aus hirer stëller Bun, fer nozulauschtren.

PUCK

Ech ka mech drun erënnren.

OBERON

An dêm Ablack geso'ch ech tèscht der Sonn,
de' schons am Wasser stong mat engem Runneft,
an tèscht dem kale Mond den Amor fle'en.
Op eng Vestalin ass e lassgestirmt

an huet sei Feil so' mörderesch vum Bo'
gerass, ass wëllt en Herz vu Stên e splecken.
Ma iwrem Fle'en huet sei scharfen Dar
am kille Lichteschein seng Kraft verluer
an ass enzwo'sch om Floer op eng Blumm
gefall, de' weiss we' Mëllech wor virdrun;
se go'w dëselweschten Ablack so' ro'd
we' Bludd. Am E'slek nennen d Mëdercher
se feireg Le'wt. De' Blimmche laf mer sichen!
Ech hun der me' we' êmol se gewisen.
Eng klinzeg Drëps vun hirem Saft gët duer,
fer dê Verstännegste we' wëll ze ma,
wann iwrem Schlof se op seng A gere'd:
Mensch oder De'er, wat en d e'scht geseit,
so'bal e wakreg gët, dêm setzt en no
mat engem Herz voll ongesênter Le'wt.
Laf, Puck, mei gudden, treie Borscht! Kuck, datts
de d Ke'er hues, êr d Sonn sech schlofe lêt!

PUCK

Ech renne ronderem de Bësch, nach êr
de Schied eng Handbrêd weider ass gerecht.
An duerno gin de' zwe' jong Borschten an
d Geschir geholl, de' haut hei op der Juegd
sin an der Noperschaft, an dat zerguddst.

OBERON

Dat häls de, we's de denks. Laf, mach dech fort!

PUCK

Iwer Wêr, iwer Weier,
durch Flam an durch Feier,
durch Niewel an Nuecht,
eng lëschtteg Juegd!

De Puck läft eraus.

OBERON

Hun ech de' Blimmchen hei. dann drecken ech
der Kinnigin, so'bal se hënt entschle'ft,
en Hexendram op d An, um dên se mer
eng Zeit soll denken. Wat se Lieweges
fer d e'scht geseit — Bêr, Wollef, Kueder, Fuss —
dê ass se so' erbärmlech gleich verfall,
datt d Huesen sech vu Lachen d He'sse klappen.
An êr mat engem anre kräft'ge Kraut
hir Hirgespenster ausernên ech joen,
ass hir de gringe Mond an d Schnaupegkêt,
ech färten alt, fer haut a muer vergang.

E gët fort.

2. SZEN.

Eng aner Parti vum Bësch.

D Rosalind an d Celia kommen eran.

CELIA

Mir zwê — zu Braneburg om Schlass gestuel —
vir zwanzeg Jor den allerëschten Dag
vum Oberon aus onser We' geholl
an an de Bësch geschlêft! Ass dat erhe'ert!
Lo wëss ên och, fer wat ên heiensdo
so' lêdeg wor, fer wat ên sech an all
de' Ausgelossenhet net fanne kont,
de' Blad a Blumm wor fer de' aner.

ROSALIND

Wann ên et och net wo'sst, datt engem an
der Broscht e liewegt Menschenherz ge'w klappen,
da wor et engem iewel ëmmer dach,
ass ge'w ên eppes mat sech ronderem
am de'wste Fong vun sengem Tirmen dron,
wat dënen anren alleguer ge'w fêlen.
Hirt Liewen ass e bloe Summerdram,
a licht we' Peiperlecken tirklen se
op seide Flichten o'ni Suerg derdurch;
hirt Denken an hirt Drämen ass Gespills;
ma domat le'sst op d Längt kê Menschenherz,
so' enk et ass, bis op de Rescht sech fëllen;
dobanne gët et hêmlech Ecken, de'
net auszestoppe si mat bloem Gallem.
Mat wat elo?

CELIA

Lo gët et, we' et gët.
T ass Summer, a mer kenne Wê a Stê.
Wo' soll et fêle? Komm!

ROSALIND

Wat ass dat, lauschter!

CELIA

T kënt op ons duer!
Mer man ons besser hannerwands. Komm hurteg!

Se verstoppn sech am Getreisch.

*Eng Re'gêss kënt eragelaf a fällt bei engem Bam zesammen.
De Lorenz an de Pol komme vu verschiddene Seiten eran.*

POL

Wat so mer duerzo', Lorenz?

LORENZ

E sche'ne Be'scht!

POL

E prächtigt De'er an e sche'ne Schotz!

LORENZ

De Schotz ass propper.

POL

Du kanns mer gratule're, Brudder.

LORENZ

Fer wat da, Pol?

POL

Net fer mein Namensdag.

LORENZ

Du hues der dach net an de Kapp gesat,
du häss de' Gêss hei emgeluegt?

POL

A wen

da soss?

LORENZ

Dann huet se sech kapott gelacht,
we's du dêm Kuescht doiwer d Schiel wolls strëppen.

POL

Hues du dann och geschoss?

LORENZ

Ech menge bal;

soss wär se nach me' ärdeg.

E beckt sech iwer d De'er.

POL

D Fanger weg!

LORENZ

Ech werd mer dach mei Feil nach huelen derfen!

POL

A wann et mein da wär?

LORENZ

Do brauchts de net
am Lêd ze sin: ech kennen se, meng Schmuelpren.

POL

Ê Feil ass we' dên anren.

LORENZ

Dat sêss de kengem, dên seng selwer schnëppelt.

POL

Da muss de dên doiwer jo bal kennen.



LORENZ

Wat hues de giess de Muergen?

POL

Spuer dein Otem!

Dat De'er hei ass meint, an dobei bleiwt et.

LORENZ

So, lauschter mol: dên To'n elo, dê schle's
de u, mat wems de wëlls, ma net mat mir;
ech iwerdre'n en net.

POL

Da muss d'et le'ren.

LORENZ

Ech hale wuel, du dräms! Hei si mer op
der Juegd! Du bass net iwerall dên ielsten.

POL

Do ass de Suedel zrass: de le'wen Neid!

LORENZ

Neid hin, Neid her! Ech si mer vill ze gudd
fer all de' Sprëch, de' iwer d Baure rênen,
so'bal se sech erfanken opzemucksen;
so' ass et, dobei bleiwt et, domat fêrdeg;
huel Riedensarten, de' gewe'nlech dann
re'cht aus den Täsche gi gekromt, wa soss
net vill Gescheits me' dran ze huelen ass.
Du bass amgang, der eppes unzewinne,
wo'mats de besser nach eng Grëtz ge'ws warden;
bis dohin ass de Papp nach Här zu Woltz.

POL

Wann dir meng Riedensarten net gefalen,
du kanns der hellefen.

LORENZ

Do hues de Recht.
T muss ên seng Beck net all am E'slek sche'ssen.
Dên do, dê kans de halen.

POL

T ass eng Gêss.

LORENZ

Mat engem sëlwer Deckel meinetwegen.

E gêt fort.

POL

Dên ongemiddelte Patre'ner!

E gêt de' aner Seit eraus.

D Rosalind an d Celia kommen rem eran.

CELIA

Streit a Gestronz, Gekauders a Gekatz!
Datselwescht we' am Bësch, keng Grimmel anescht!

ROSALIND

T ass schued, dat ên, dat ass kên iwle Borscht;
eng Grimmel vleicht ze stolz...

CELIA

Dê klenge, mengs de?

ROSALIND

Dê klengen, nên; dên ass mer vill ze buschteg.

CELIA

Dat wär grad menges.

ROSALIND

Dê gro'ssen ass eng Idi me' gemälleg.

CELIA

En huet seng Naupen och.
Wen huet dat De'er hei dann nu geroden?

ROSALIND

Dat ass dach klor.

CELIA

Wê mengs de dann?

ROSALIND

Dê gro'ssen.

CELIA

Ech wëss et net! Dên anre wor es grad
so' gudd emständ. Wat solle mir ons fiechten!
T ass Streit genug dueruechter an der Welt.
Komm, loss mer gon! Ech hätt net iwel Loscht,
de' zwe'n eng Grimmel ronderem ze fe'ren,

en Tirche mat en durch de Bësch ze man.
Dat wär e Spillche fer de ganze Mëtteg.

ROSALIND

Ech ge'w se le'wer rem zesummebrenge.

CELIA

Zesummebrenge an e bës'chen extren.
Wat mengs de?

ROSALIND

Wuerfir net? Ech wëll.

CELIA

Komm, loss

mer dêlen: du dê gro'ssen, ech dê klengen!

ROSALIND

Wuer brenge mer se hin?

CELIA

Bei d Hexebirken;
so'bal dën e'schte Stär am Himmel glënnert.
Du dëse Wê, ech dën! Bis haut den Owend!

Së gin eraus.

3. SZEN.

En aneren Dêl vum Bësch.

*Eng Parti Handwerksleid vu Woltz kommen eran, ënnert aneren
de Stippchen, de Vëlten, den Tirtech an de Märten.*

TIRTECH

Wo' sollen ons zwe' Borschten nëmme stiechen?

STIPPCHEN

Wen, Tirtech?

TIRTECH

Ons zwe' jong Häre. Wen da soss?

STIPPCHEN

Tirtech, wann se och nach jonk sin, da sin et iewel ons Hären. Du
bass jo och 'net' gâr de Schneiderchen.

TIRTECH

Lo warde mer eng geschloe Stonn.

MÄRTEN

An der Zeit brauchts de net ze klappe, Flantes.

TIRTECH

Wann der d'accord sitt, dann hätt ech eng Propositio'n.

VËLTEN

Eng propper Wât?

TIRTECH

E Virschlag, Lengewiewer.

VËLTEN

Ass en dir nogeschlon, dei Virschlag. Tirtech dann ass et net weit mat em her; ech mengen, da weit en net schwe'er.

TIRTECH

Wann der iewel alleguer derge'nt sitt, da sin ech derselweschter Mênong.

VËLTEN

Wat fer enger Mênong: dêrselweschter we's du oder dêrselweschter we' de' aner?

TIRTECH

Dêrselweschter we' ech selwer a we' de' aner.

VËLTEN

Da so dat gleich, da wêss ê, wo' ê mat der drun ass. Kanns de net vu vireran deiflech schwätzen?

MÄRTEN

Loss e mol gewärde, Vëlten!

VËLTEN

Schwätz, Tirtech!

TIRTECH

Mer solle Kirmesdag e Steck bei onser Herrschaft spillen, dat onse Frënd, de Lukas Stippchen, a Verse gesat oder, we' ên sech och nach audrecke kënt, a Verse kolporte'ert huet.

VËLTEN

En Trauerspill, ech son iech: wonnerbar, fer sech e Broch ze lachen!

TIRTECH

An duerfir hun ech gedüecht, mer kënten d Rollen alt verdêlen an alles matenê besprieche.

VËLTEN

Eng propper Ried, Schneider! Setz dech, soss këns de lanscht den Otem! Wat mengs de, Stippchen? Dem Tirtech seng Proportio'n huet Kapp a Fo'ss. Hues de dei Gekrotzels hei?

STIPPCHEN

Zenter mer de' lêschte Ke'er zesumme woren, hun ech gidwerengem seng Roll op je e besonneschen Ziedel ofgeschriwen. An lo misste mer da kucke, we' mer de' enzel Rollen ënnert de' verschidde Leid verdêlen. Si mer alleguerten hei?



VËLTEN

Du hues am beschten, du hëls deng Lëscht a lies am gro'sse ganzen erof, an zwar gidwer Mann fer sech, mat senger Professio'n, sengem Stand an sengem Handwerk, wê mathelleft a wen net.

STIPPCHEN

Dat ass dat Gescheitst. Da loss mer mol kucken! De Merten Iwerenzeg, de Blechschle'er!

MÄRTEN

Hei ass en! So och wat fer eng Roll ech spille, Stippchen!

STIPPCHEN

Eng traureg, Märten: du bass den Här vun Hêrg.

VËLTEN

Dên sengem Pärd d Hufeise verke'ert opsetze le'sst, fer datt é soll mengen, e wär dobausse, wann en dobannen ass!

Dat Hënnescht ass vir, an dat Vischt ass hannen;
schengt en dobaussen, dann ass en dobannen!

So, Stippchen, do denken ech un eppes: wen ass d Pärd?

STIPPCHEN

Dat hätte mer bal vergiess. T muss och e Pärd derbei sin, t muss ên de Biddi spillen.

VËLTEN

Wëss de, we' mer et man: t kritt ên e Pärds kapp opgesat, an de Märten nêlt em e Puer verke'ert Hufeisen ënnert d Suelen.

STIPPCHEN

Ve'er, Vêlte, ve'er: e Pärd huet ve'er Puer Bën.

VËLTEN

Da loss mer et so' man: zwê Puer op d Suelen an zwê un d Hänn. So, Stippchen, loss mech de Biddi man! Ech spillen der d Pärd, dass de sêss, ech wär e richtig. Ech hinkelen a schloen hannenaus we' dem Grof sei Sophie.

STIPPCHEN

Du bass den Här vu Befert, Vêlten. Wuer gi mer e Mansmensch
siche mat denger Virulenz an denger Stëmm?

VÊLTEN

A menger Stëmm besonnesch:

Eng lëschtég Juegd,
eng bluddeg Schluecht,
eng schwe'er Wuecht
an deischtrer Nuecht!

Dat ass meng Oder, dat leit mer, dat jêt engem d Bludd durch
d Glidder. Ech ge'w den Herkules spille we' kên zwêten — oder
och den Ellespill. Fuer viru, Stippchen!

STIPPCHEN

Bartholomeus Tirtech, de Schneidermeschter;

TIRTECH

Hei!

STIPPCHEN

Du, Tirtech, du bass d Joffer, dêm alen Hêrger sei Mêdchen.

VÊLTEN

Dat sech a mech verkuckt huet, Tirtech! Du muss nämlech wëssen,
ech sin den Här vu Befert.

TIRTECH

Ech sin iewel grad amgang, mer e Bart ze zillen.

VÊLTEN

Da le'ss de der dên erofschappen.

TIRTECH

Du hues gudd schwätzen, du bass verwuess we' e Wëllen.

VÊLTEN

De Bart zîrt de Bock! Ma wats du elo em d Scheierpart hues ston,
dat kënt we' dênen arme Leiden hirt Kar: dënn, Tirtech, dënn,
verzweiwelt enzel, hêchstens fer ze glannen. Op dên Armut kënt
et net un. Nën, Tirtech, du këns mer net lanscht d Mêdchen! Dat
wär kammo'd! Schle' der dat aus dem Kapp! Fuer viru Stippchen!

STIPPCHEN

An dann de Freier.

VÊLTEN

Dê bei engem Hor no d Lêen a geheit gët, sechs Versins de'w. De
Freier, dat sin ech. Kuck, Stippchen, do ass och nach eppes ze
bedenke, wat nach iwerluegt muss gin. We' ass et mam Licht?
Den Tirtech an ech, mer sollen ons jo nuets am Lichteschei be-
ge'nen.

TIRTECH

E Kalenner, e Kalenner! Sicht Lichteschein am Kalenner!

VËLTEN

Neicht an der Hossel! Well wa mer alles richtig huelen, dann ass dën honnertjäregste Kalenner net emstand, ons de Mond un d'Lichten ze brengen. Ass den Himmel dën Owend zo'fälleg bewëllekt, da fe'ert ons de' scheinste Vollmond d Kar net aus dem Dreck. Fer ganz sêcher ze gon, do gët et nëmmen eppes: t muss ê vun ons de Mond sin. An datt och gidwerê geseit, datt et de Mond ass, do gi mer em am beschten eng Lanter an d'Hand an eng Fäscht.

STIPPCHEN

An en Hond, och en Hond! Mer mussen uecht gin, datt den Hond ons net durch de Kapp gët.

VËLTEN

Dat Einfachst ass, du setz eso' eppes zesumme we' e Virwurd, Stippchen, eng Art Interdiktio'n; loss mer mol son, e Proloch, wo's de scheinbar sêss, dê Mann mat der Lanter, dat wär de Mond, perspectiv de Lichteschein.

STIPPCHEN

Da misste mer kucken, datt mer so' eppes schreiwe ge'wen. An domat, mengen ech, wäre mer so' weit. Huet nach ëmmescht eppes ze froen oder ze bemerken? Dann dêlen ech lo jidwerengem sei besonneschen Ziedel aus, an da setze mer ons eluer an den Hank a liesen se mol durch: ganz genê, ass wa mer spille ge'wen, all matenên a sche' gemälleg ên nom anren.

Se gin eraus.

II. Akt.

1. SZEN.

En anerzwo'sch am Bësch.

De Pol an d Celia kommen eran.

POL

So, lauschter mol, meng Mod! Ech hale wuel,
du mechs de Geck. Wat bass de wëlles, so?

CELIA

Ons aus dêr Wëldernes hei rauszebrenge.

POL

Mer si jo dëmno hei och am Verdriewen:
schon zenter Stonne weider neicht we' Bësch!
D Sonn ass e Strapp scho fort, t gêt hard un d Nuecht,
an t kënt ên ëmmer me' an d Laberenten.

CELIA

Wê kann derfir?

POL

Dat kënt ech der verroden.
Ma wëss de wat: lo läfs de, wuers de wëlls,
vu mir aus an dên e'schte Milleweier!

CELIA

Emstand, du gengs ê ro'eg struewle lossen!

POL

Ziel engem ale Wakelter deng Flauten!
Hei hues de s'an der Wiel. Lo gin ech vir,
verstan; a wanns de wëlls, da këns de no,
wann net, t ass iewel gudd. *E gêt fort.*

CELIA

Ech färten alt,

dat kascht nach Krämp. Wat d Holz me' hard ass,
[wat
et manner brennt. Dat do huet och nach Knied.
Ech wëllt, ech hätt et alt mol gudd um Sautren.
T gêt dem Pol no.

Den Oberon kënt hannert engem Trausch eraus.

OBERON

Kuck do, der Kinnigin hir Deiwercher!
T ass nach keng Stonn, dat ênt; an lo, dat anert.
Dat fluddert mat de Flichten, t huet eng Art.
E gudde frësche Wand, da sin se fort,
well hun se bis den Zock, dann ass kën Hales.
So' oder so', t ass ganz egal. Ech si
jo dach derlanscht, dës t misst ên d Kinnigin
nach net vun hire sche'ne Seite kennen.
De' al Geschicht! Ech hätt net iwel Loscht,
eng Grimmel an dat Feierchen ze blosen,
leng fer dêm lêdege Gestreids en Enn
ze man. Hei kënt mei Bued.

De Puck kënt eran.

We' ass et, Puck? Mei Kreitchen, hues d'et font?

PUCK

T stêt lanscht de Millewê mat ganzen Ärbel.
Ech hun och gleich zerguddstert duergegraff.

OBERON

Do hues de wuel gedon. Ech hun et ston,
ass kënnte mer es hënt eng Parti brauchen.
Ech wëss, net weit vun hei, eng hêmlech Sank,
mat Bësch- a Wiseblummen so' durchsat,
datt ên sech frêt, we' all dat fuerwegt Kraut
op enger Platz sech kont zesummefannen.
Om Runneft ronderem ma Spackelter
a Schle'wendär en decke gringe Sam.
an d Huese sëtzen dacks mat ganzen Träpp
am Lichteschein sech d Patten dran ze wërmen.
Do leit d Titania hënt bis Hallewnuecht
am Theimerjännchen an am Kle' ze drämen.
Ech ma, so'bal se schle'ft, mech un se run
an drecken hir aus menger Blimmchen hei
eso' e flämzegt Feierchen op d An,
datt hir vu Fe'wer soll den Otem glo'ssen.
An dêrbans mechs du an der Noperschaft
dech hei op d Sich no engem jonge Borscht,
dên op der Juegd sech huet verlâf an ênt



vun dênen zwê huet ugetopt, de' mir
de' Ke'er hêmlech hun om ale Schlass
zu Braneburg erwëscht. De' guddste Se'l
huet an dê glate Kiddel sech verkuckt,
ma dên, dên huet mer net de' richtig Eiren.
Kuck, dass d'ë fëns, a loss en net me' lass,
bis datt en sech enzwo'sch an d Blieder streckt!
Eng Drëps vun onsem Saft, an t jêt em an
sei schluddregt Fräschebludd we' gällecht Feier.
Ma kuck, datt d Mêdche bei der Hand ass, Puck,
wa muer zu Muergen sech sei Sche'fer re'ert!
Komm, loss mer fort! Mach d O'ren op an d An!

Se gin eraus.

2. SZEN.

Eng aner Platz am Bësch.

De Lorenz an d Rosalind kommen eran.

LORENZ

Ja, Mêdche, so mer, wats de wëlls, hei si
mer schons gewiest: mer lafe ronderem.

ROSALIND

Mer sin dach rem e gudd Steck weider, Lorenz.

LORENZ

Dat mengs de so'.

ROSALIND

Suguer e ganz gehe'regt.

LORENZ

Ech wess et net.

ROSALIND

Ech sin es iwerzêt.

LORENZ

Mer man ons midd a kommen net aus Platzen.
Dêm ale Stronk elo, dê se'ernêchst

an sengem Pelz vu Wantergring erstremmt,
mer sin em dach eng Ke'er scho bege'nt.

ROSALIND

Du hues der eppes an de Kapp gesat
a gës es net me' lass.

LORENZ

T ass grad, ass wär
de ganze Bësch verhext. Mer hätten dach
un *engem* Enn en Auswê misste fannen.
An dobei gët et all Ablack me' deischer.
Du muss dach bal kê Glidd me' re're kënne
vu Middegket.

ROSALIND

Weit ge'w et net me' gon.

LORENZ

Ech färten alt, mer hu keng aner Wiel,
we' hei gedëlleg op der Dag ze warden.

ROSALIND

T ass we's de denks.

LORENZ

Muer gët et desto besser.
T ass Lichteschein an d Nuechte sin net lang.

ROSALIND

Mir ass et recht.

LORENZ

Hei ass eng giedlech Plätzchen:
en Arbel Laf, da leis de we' op Plommen.

ROSALIND

Ech sall mer schon eng Kautsch zesummeschären.

LORENZ

Du schengs jo gudd gemutt.

ROSALIND

Fer wat och net?
T ass dach dat härlechst Wieder: d Lucht ass klor,
keng Wëllekchen, so'weit ê kucke kann,
a ronderem e Fuerwespill we' sielen.

LORENZ

Ech hätt geduecht, du këns eng Grimmel färten.

ROSALIND

Ech we'sst net, wat ech extra färte sollt
we' ausgerechent dech.

LORENZ

Ech si kê gudden:
ech kre'e mech mat mengem êgne Brudder.

ROSALIND

Domm bass de net.

LORENZ

An dach e gro'ssen Topert:
all Beierchen, dên engem Mensch bege'nt,
mat dêm e virugêt eng hallew Stonn,
gêt iwrem Schwätze ganz vum selwer weis,
wo'her de Komper kënt, a wên en ass,
wuer senger Fra hir Gro'ssmamm huet gehe'ert,
wat d Nopren dreiwe, we' se sech es stin
a wuerfir auszekommen ass mat kengem;
an ech, ech gi mat aller Me' gewuer,
we' d Mêdchen hêscht, mat dêm ech stonnelang
bergop, bergof eleng durch d Bëscher trappen.

ROSALIND

Giew dech zefridde, Lorenz!

LORENZ

Bass de net
aus engem alen Hellgebild entwach
enzwo'sch an enger stëller Kirch, da bass
d'eng Wiederhex, de' hires Gleiche sicht.
Deng A si klor, deng Ried ass monter we'
d Gepoters an d Geklux vun enger Bach,
t ass alles hêmlech, wats de un der hues,
an alles friem, so' ongewint natirlech.
Wê bass de, Rosalind?

ROSALIND

Eng Wiederhex!
Ech richte Schlässer op aus bloem Donst
t schwiewen hallew Dêg lang am Gewëlleks.

LORENZ

Am le'wsten iewel spills de wuel Verstoppes?

ROSALIND

Mat Zeite we' besiess, dêmno wê matspillt.

LORENZ

Ech sall dech aus den Hecken dreiwe, ward.
a wann ech barbes misst durch d E'sleck lafen!

ROSALIND

Haut net me', Mêschter, t ass scho vill ze deischer!
Douewe fenken d Stären un ze glënnren.

LORENZ

Se lichten engem hellen Owend schlofen,
ma muer ass nach en Dag.

ROSALIND

An d Wieder schengt
sech jo ze halen.

LORENZ

Mengs de?

ROSALIND

T ass ze hoffen.
So, Lorenz, wors de schons... we' soll ech son...
verle'wt, mat engem Mëdche fro' eng Ke'er?

LORENZ

Fer wat?

ROSALIND

Ech we'sst et gär.

LORENZ

Mat me' we' engem.

ROSALIND

Aus ganzem, vollem Herz?

LORENZ

Mat ve'er, fënnef.

ROSALIND

So' richtig engem zo'gedon?

LORENZ

Dat wor

ê, loss mer son, all hallewt Jor eng Ke'er:
am Wanter, wann ên niewt dem Feier lo'g,
vu lauter Zeitsgenug an d Glo'ss ze staren,
an no der Woltzer Kirmes. Ma we' haut,
om hallwe Wê tëscht Burschend an de Stären,
dat wor ên ni.

ROSALIND

Du bass amgang ze fueblen.

LORENZ

Dat sot ech jo lo grad. Wo'hin?

ROSALIND

T gët Zeit

fer d Kanner. T kann net lang me' werde, bis
de Mond durch d Blieder lust. Komm, lê dech her!
Hei leis de we' e jonge Pränz.

LORENZ

An du?

ROSALIND

Ech richte mech hei niewent an. Bis muer
de Muergen! Schlof gudd, Lorenz!

LORENZ

Schlof gudd, Rosalind!

Datt ên sech so' heiremmer ka verlafen!

E sche'nen Num! Bal we' aus enger Sêchen!

En entschle'ft.

ROSALIND

En ass scho fort. Ech soll op d Celia warden.

Douewe stêt eng Lichtchen un dêr aner,

t gêt all Ablack der me' an t weist sech neicht.

Om hallwe Wê tèscht Burschend an de Stären!

Ech färten alt, ech hu gehe'reg mat

der Schrack gehal op dengem loft'ge Wê.

Eng schle'freg Nuecht no engem bloen Dag!

T schlauft durch de Bësch ass we' en hêmlecht

[Drämen.]

T entschle'ft.

De Puck kënt erageschlach.

PUCK

Kreiz a quesch ass we' de Wand

sin ech durch de Bësch gerannt,

kreiz a quesch an op an of,

an hei leit e, fest entschlof;

seng Gevuedesch no derbei;

Puck, dat gêt jo fein an d Rei!

En dreckt sei Kraut iwert dem Lorenz seng An aus.

Ward, mei Jong, du salls mer le'ren,

we' en Tirk dech opzefe'ren!

We eng Fackel solls de brennen,

neicht me' we' dei Mêdche kennen!

Op an of an of an op,

durch den Dall an iwert d Kopp,

iwert d Kopp an durch den Dall,

licht ass we' e Fiederball!

E läft fort.

De Pol an d Celia kommen eran.

CELIA

Du läfs derdurch, t gêt engem un den Otem.

T ass so' we' so' schons deischer, mach dach lues!

POL

Dat henkt un engem we' eng pickeg Klett,

an t ass ên senger selwer iwerdrësseg.

E gêt, o'ni sech opzehalen, de' aner Seit eraus.

CELIA

Am le'wste ge'w ech mech eng Grimmel setzen.

E Schrack me' lues, mer komme grad so' weit.
 Wat kann dat onverstännegt Lafen dengen?
 Ech wär suguer derfir, ons ro'eg her
 an d Laf ze lèn an ons fer muer ze spueren.
 Wo' bass de, Pol? En äntwert net! Wat hêscht
 dat do? En ass dach net um Enn scho fort?
 Ma menger wärech! Pol! Dat ass jo propper!
 E gêt a le'sst ê ro'eg weider potren.
 Net bei nach no! Da muss e virulafen,
 ech kann net me'. — T muss ên so' greisslech si
 we' d Hellegnuecht, soss kënt en ên dach net
 so' kal an iwerluegt hei sëtze lossen.
 E Liewe lang am Bësch, dat hêlt ê mat.
 Ma huet ên sech an enger klorer Bach
 alt mol erbleckst, dann huet ên iewel alt
 de Leid geglach, an t hätt ê ro'eg sech
 niewt all de' Jëffercher gestalt, de' ên
 om Floer alt gesin huet aus der Fären.
 Wat soll ên sech nach lang de Kapp zerploen!
 Dat ass derniewent gang, de' Part ass zo'.
 T ass schued!

T geseit de Lorenz.

Wat ass dat do? Wat leit dann hei
 am Laf? Dên anre, menger wärech! Fest
 entschlof! An d Rosalind? Dêm werd et wuel
 net besser gange si we' mir, an t sëtzt
 enzwo'sch sech d An ze wëschen an der Deischtert.
 Ma ward, mei Jong, du stës mer Ried!
 Hê, Meschter, d Lueden op!

LORENZ

Wat ass geschitt?

CELIA

Dat froen ech. Wo' hues de se geloss,
 meng Schwester? Schwätz! Wat sturks de we'
 [entgëschtert?

LORENZ

Ech wo'sst bis lo nach net, wat Sche'nhet wär.
 E jonge Fre'jorsdag ass opgestan
 a licht we' frëschen Da aus dengen An.

CELIA

Ech hale wuel, du dräms!

LORENZ

Ech muss dach bal,
 ech kann dach bal net anescht ass we' drämen!



CELIA

Wo' ass meng Schwester. äntwer, d Rosalind?

LORENZ

Deng Schwester? D Rosalind? Eng Wanternuecht,
de' engem Fre'jorsmuergen ass gewach!

Deng Schwester, sêss de? E'schter komme Kueb
an Dauw vun engem Stofft, an d Schle'wendär
si vun dêrselweschter Famill we' d Drauwen.
Ech wêss kê Wurd, dat denger Sche'nhet wär
emstand, vu fären nêmmen d Wo ze halen.

CELIA

Ma deng Vermessenhet, de' kênns de spueren.

Dên ê gêt engem kên zerguddstert Wurd,
bekuckt ê knapps a le'sst eleng ên an
der Deischtert ston, ass wär ê Wand a Loft.

Dên anre gêt suguer sech drun, sei Spott
un engem auszelossen. Nê, mei Jong!

A wär ech greisslech we' en alen Drach,
schwarz we' e Mo'er, rampleg we' eng Hex,
da wär ech iewel honnert Mol ze gudd
fer deng verdrêchent Flauten. Hal dech monter!
Ech hätt der eppes weider zo'getraut.

T gêt eraus.

LORENZ

Thuet neicht vum Rosalind enuecht geholl.

Ech ma mech no, soss ass et bêmol fort.

Dat anert ursche Gre'tche leit mer gudd.

Wat huet ên nêmmen un dêm Framensch font?

E gêt dem Celia no.

D Rosalind gêt wakreg.

ROSALIND

Wo' kann ên so' erbärmlech dräme? Kanner!

Ass ge'w eng Schlang um Herz mer knae, Lorenz.
An du so'tz gudd gemutt derniewt an hues
gelacht. Ech sollt vergêschtren. He'ers de?
Wat hues de, Lorenz? Wuerfir sêss de neicht?
Wat hêscht dat do? We' soll ên dat verston?
Hei huet en dach gelên. E werd dach net...
Schwätz, wanns d'eng Grimmel nêmmen fer ên hues,
t ass alles, datt ên net vun Angscht vergêt!
En äntwert net. Dann ass en net me' do.
Wat ass dann do geschitt?

T gêt eraus.

3. SZEN.

Eng Dällt mat Hecken uewen em de Runneft.

D Titania kënt mat hirem Gefolleg eran.

TITANIA

Kommt, e Krês, eng duebel Rei!
Dê Wê dir, an dir dênen hei,
sangt eng sche'n al Weis derbei,
sangt bis ech entschlof gefall,
hurteg dann un d Arbecht all!
Dêt me' no, an dat me' weit,
gidwerênt eng aner Seit!
Du häls op de Lêe Wuecht,
du gês mer op d Echlen uecht,
du gês Huesebre'dche plecken,
du zerrassne Spaweck flecken,
det sicht Êrper an der Gruecht,
dat mecht op de Maulef Juegd,
det sicht Hunneg an de Blummen,
dat räft Schlêckenêr zesummen,
ênt muss Êrpleich siche lafen,
ênt mer frêschen Dâ verschafen,
zwê gi Wasserjoffre fenken,
zwê frêsch Moos un d Lêen henken,
hurteg, an em Hallewnuecht
all heihinnen rem an d Gruecht!

Danz a Gesank.

We' e Sche'fer mat senge Schof
gêt de Mond durch d Nuecht,
kuckt op Dall a Kopp erof,
gêt op d Stären uecht.



Gët op vill dausend Schiewercher uecht
 douewen op senger Wêd,
 datt em op senger stëller Wuecht
 kënt verloer gët.

E WICHTELCHEN.

Stëll! Se schle'ft schon, d Kinnigin.
 Fort! No alle Seiten hin!

D Wichtelcher lafen no alle Seiten ausernên. Den Oberon kënt erageschloff an dreckt eng Blumm iwert der Titania hir An aus.

OBERON

Siew et och dên dommste Be'scht,
 wats du hënt erblecks fer d'e'scht,
 soll fer dech dat härlechst sin,
 wat et op der Welt ka gin!

Tiger, Panther oder Le'w,
 Spuervull oder Hingerde'w,
 Bêr, Fuss, Wollef, Maulef, Ste'er,
 Dre'schel oder Därelde'er,
 Klautgen oder Kuelebrenner,
 Biesems- oder Bischebënner,
 Lompekre'mer, Dëppege'sser,
 Märdler oder Menschefre'sser,
 jonk a feireg oder al,
 wat et ass, t ass ganz egal.

Den Oberon mecht sech eweg.

De Stippchen, de Vëlten, den Tirtech, de Märten an de' aner Dreier a Kläpper kommen eran.

TIRTECH

Zenter mer haut de Mëtteg ons zwe' jong Häre verluer hun, hu mer weider neicht gemacht ass we' gegapst. An elo, wo' et un der Zeit wär, fer sech enzwo'sch an d Laf ze strecken, lo ass ê wakreg we' eng Frell.

VËLTEN

Mer hun dach och ons Roll gele'ert, oder hues du der se an de Kapp geschlof?

TIRTECH

Ech mengen, t ass ên nach op der Mol. Soss wor ên no enger Klappjuegd we' zrass a gebascht.

STIPPCHEN

De Vëlten huet recht, t huet gidwerên sein Ziedel am Kapp. Ma op dêr anerer Seit si mer iewel och nach alleguer alärt. We' wär et, wa mer mol probe'ere ge'wen? Hei hu mer eng Platz, we' mer se fer ons Intensite'te siche gin: dè gringe Wues elo ass ons Bühn, quasi onsen Obszönium, an hannert de' Hecken elo, duer ze'e mer ons zreck, wann et ne'deg ass.

VËLTEN

Huel dei Pobeier, Stippchen, mer fenken un! De' net mathellefen, de' setzen sech ronderemmer an den Hank, da sin et ons Leid, an t ass grad, ass ge'wen se nokucken. Platz gemacht, Meschtren, op d Seit!

STIPPCHEN

Da loss mer mol, fer gleich an de' richtig Atmosphär ze kommen, de' Platz probe're, wo' d Lompen ufenken ze stenken!
De Puck kënt erageschlach.

PUCK

A wat fer raschteg Kniwler sin dat hei?
So' no beim Lär vun onser Kinnigin!
Theater? Wat? Do sin ech och derbei,
well t muss dach och e Paillass drënner sin.

STIPPCHEN

Du bass dên e'schte, Vëlten. Lisbeth, tried me' no!

VËLTEN

We' rosen doften d Blumen hei em d Haus...

STIPPCHEN

We' Ro'se. Mann. we' Ro'sen!

VËLTEN

We' Ro'sen doften d Blumen hei em d Haus,
so' richt dein Otem, du meng herzeg Maus.
Ma lauschter, Lisbeth, wor dat net eng Stëmm?
Bleiw hei eng Grimmel, gleich sin ech erem!

E gêt hannert d Getreisch.

TIRTECH

Sin ech lo drun?

STIPPCHEN

Ei sêcher, dass de dru bass! Du muss nâmlech wëssen, e gêt nëm-

men hannert d Haus, fer e Gedibber ze gesin, dat e gehe'ert huet,
an e soll gleich rem rakommen.

TIRTECH

O Gasper trei, o Gasper, weis we' Schne',
a ro'd am Herz ass we' eng Kischteble',
dên neicht an sengem stolze Liewe färt
a stark ass we' dat allerstärkste Pärd!
Mer treffen ons beim Brudder sengem Heis'chen!

STIPPCHEN

Senger Kleis'chen, Tirtech! Sengem Heis'chen, dat ass net propper,
dat richt. Nun, dat muss de iewel nach net son, dat äntwers de
dem Gasper. Du rubbels dei ganzen Ziedel an engem Otem erof,
d Stëchwirder an alles. Gasper, komm eran! Dei Stëchwurd ass
eriwer: dat allerstärkste Pärd.

TIRTECH

A stark ass we' dat allerstärkste Pärd.

*De Vëlten kënt mat engem Ieselskapp eran, de Puck gleich han-
nendrun.*

VËLTEN

Ech hat gemengt, t hätt ëmmescht hei geschwart,
t ass net geheier hei am deischtre Gard.

STIPPCHEN

Laft, Mëschtre, macht iech fort! Mer si verhext. En Ongeheier! Sol
d griechisch A B C vun hannen!

Se rennen no alle Seiten ausernên.

PUCK

Ech ma mech no a fe'ren se am Krês,
datt kên um Enn wo' a, wo' aus me' wëss,
als Pärd, als Wollef an als weissen Hues,
dêm Flam a Feier fenkelt aus der Nues,
mat siwe Käpp e fräslecht Ongeheier,
als Drach, als Bêr an heiensdo als Feier.
Ech bromme, brëlle, birle, bille, brennen,
datt d ënnescht d iewescht se den Hank a rennen.

De Puck läft eraus.

Den Tirtech kënt eragerannt a mecht sech gleich rem fort.

TIRTECH

O Vëlte, wat ass mat dir geschitt? Wat hun se dir opgesat?

VËLTEN

Wat opgesat? Dein êgnen Ieselskapp, du Efalt!

De Stippche kënt eragestimt a läft gleich rem fort.

STIPPCHEN

Striew dech, Vêlthe, striew dech! Se hun dech opgestackt, du bass mat dêr ieweschter Halschend transporte'ert.

VËLTEN

Ech gesi jo, wat de' Pättre wëlles sin: mech fer en Iesel ze halen a mer et ällen ze man. Ma ech re're mech net vun der Platz, a wann se sech d'ënnescht d'iewescht stellen: Lo gët gesongen, datt et schalt; da gesin se, we' ech färten.

E sengt. D Schwarzmärel mat dêr gieler Schniewel
botzt hire blenk'ge Frack,
an d Dre'schel penkt hirt Lidd vum Giewel,
klor we' eng Owesklack.

D Titania gët wakreg.

TITANIA

Wat fer en Engel sengt mech aus dem Schlof?

VËLTEN

Om Flo'er d Le'erchen so' ärdeg
mat dêr geläf'ger Zong,
si ass scho lang mat Bridde färdeg
a fiddert rem hir Jong.

Gewe'nlech sin et iewel de' mat dêne geschmërten Zongen, de' am lêschte färdeg gin — mat Schaffen a mat Schwätzen.

TITANIA

Sang nach eng Ke'er, härlech Summerble'!
Mein O'er ass vun dengen Te'n gefang,
a grad so' huet deng Sche'nhet mengen An
op d'escht Gesicht et herzlech ugedon.

VËLTEN

Mir wëllt et schenge, Mêschtech, ass wa we'neg Grond duerfir do wär; ma Grond ass Buedem, an dêrs kritt ê mol eng Ke'er genug.

TITANIA

Du bass me' weis nach bal we' sche'n.

VËLTEN

Dat vleicht nach manner. Ma hätt ech Gêscht genug, fer aus dêr Wêldernes hei rauszekommen, ech hätt es me' we' genug, fer mech anerwärts eremzeklappen.

TITANIA

Hei aus dem Bësch begêr net fort ze gon!
Du bleiws, gâr oder net! Ech muss der son,
ech hun heiremmer keng gewe'nlech Muecht,
a wat ech wëll, gët virun d Fe'ss mir bruecht.



Wat om Buedem liewt a wiewt,
 a wat drënner wullt a griewt,
 wat durch d Lucht op Flichte schwiewt,
 a wat stomm durch d Wasser striewt,
 wat sech re'ert weit a brêd,
 stêt zu mengem Dengscht berêt.

Ech gin der De'ner, fer der opzewarden;
 se bringe, wats de wëlls, aus Flo'er a Garden,
 se bringe, wats de gär hues, aus dem Bësch,
 Herz wat begêrs de, fëns d'op dengem Dësch,
 aus gringem Moos a frësche Wiseblummen
 dron si all Owend nei dei Lär zesummen,
 si huelen och de' klangste Lascht dir of
 a spillen, danze, sangen dech entschlof.

Dat wat nach schwe'er un dir ass a graff,
 gët no an no vun dir nach ofgeschlaff.
 Ass we' e loft'ge Gëschtche solls de schwiewen
 an als de Prënz vum Bësch bei ons hei liewen.
 Wo' bleiwt der, Kanner? Hurteg! Kommt erbei!

De Quaschleck, d Hëmelmaus an d Penternell kommen eragelaf.

QUASCHLEK

Hei sin ech, Kinnigin!

HËMELMAUS

An hei!

PENTERNELL

An hei!

TITANIA

Kommt, gre'sst dën Här hei, macht êr Neipche fleck
 a ward em op mat Eifer a Gescheck!
 De' sche'nste Molber bringt em aus der Hard,

de zeidegst Bêr a Kre'schlen aus dem Gard,
 gruewt Wurzlen aus a sicht em Dauwenêr,
 laft Êrper plecken ënnert d Schle'wendâr,
 wo' nuets e jongen Dre'schlek wiesst, gêt uecht,
 op d Fräsche macht mer a jong Frelle Juegd,
 dê feinste Beienhunneg schafft erbei
 a macht aus Wues iech Gâppercher an d Rei;
 fenkt un dêr bloer Lanter iech se un,
 de' d Fênkelcher am Summer bei sech hun,
 a licht em, wann en owes schlofe gêt.
 a licht em, wa fre' muerges op e stêt:
 de Peiperlecken holt hir We'tchen of,
 fer nuets de Lichteschein em iwrem Schlof
 so'bal en sech un d Drâmen huet gedoen,
 vun sengen An dermat ewegzejoen!
 Ass wâr et fer mech selwer, sitt befluss,
 verwint e, wo' a we' et me'glech ass,
 betruecht als êre Mêschter en an Här
 a laft durch d Dëstle fer en an durch d Dâr!

QUASCHLECK

Mer man ons Bescht.

PENTERNELL

Mat Loscht a Le'wt.

HÈMELMAUS

Vu ganzem Herz an ongefle'wt.

TITANIA

So' ass et recht.

VËLTEN

Entschëllegt, Monsieur Seidepelz, ech siche vergiewes no êrem
 richt'gen Num. T ass mer den Owend so' enk an der Schirbel, ass
 hätt ech eng Widd em d Stir.

QUASCHLEK

Mein Num ass Quaschlek.

VËLTEN

We' gêt et, Monsieur Quaschlek? Wat mecht êre Koseng, de Kom-
 per Kawêchelchen? Dreiwt en et nach ëmmer so' bont an sengem
 Riedchen, an ass en am Wanter nach ëmmer so' verschlof? Ech
 bieten iech, keng Fisematenten! Sollt ech mol no enger Gaschel
 Nëss gelëschten, da werd ech un iech denken. Mer sallen, ech
 hoffen, matenên auskommen. Ech hätt net gäre, wa mer ons net
 verstoe ge'wen, well der sollt nawell uewenaussé sin a licht op de
 Bam zu dreiwen. An d Joffer Opgebauscht, we' nennt si sech dann?

PENTERNELL

Mad'moiselle
Penternell.

VËLTEN

Dir gleicht net iwel an de Stofft vun de Peipampelen, an t soll mech wonner gin, wann der net Familie wärt mat de Miller-moler. T gêt neicht iwer e bloen Himmel a we'neg Gedanken. Ech sin och net fro' mat dène rênegen Dêg an dène gro'sse Ke'p Ar-becht. A wo' kent de' Me'mchen hei eraus?

HÊMELMAUS

Ech sin d Hêmelmaus.

VËLTEN

Wann ech mech gudd erënneren, dann huet der iech an der Zeit zu Iechternach eremgedriwen. Dat woren nach Zeite, we' de' bootzig Hä'eren net wosste, wat se am Spidool mat den Dubble sollten ufenken: eng Mëtsch fer e Su! Ech hätt nawell le'wer e Gräppchen Huewer.

TITANIA

Kanner, kommt, de Mond gêt op,
hurteg uewenaus op d Kopp!
Laft, so' hurteg we' et gêt,
êr ë ganz am Himmel stêt!
Dir drei elei, dir kommt me' lues ons no
mat onsem le'we groe Gâscht elo!



III. Akt.

1. Szen.

Am Bësch.

Den Oberon kënt eran.

OBERON

T ass iwer d hallew Nuecht, an d Kinnigin
 ass sëcher lang alärt. Wê wëss, op wat
 se ass getopt. Hei kënt mei Widerbuscht!
 We' ass et, Puck? We' stët et an der Dällt?
 Huet d Kinnigin eng Amusetteche font?

De Puck kënt eran.

PUCK

Flam a Feier
 ass se fer en Ongeheier.

Se lo'g am e'schte Schlof an hirer Gruecht,
 hei kënt eng Parti Kläpper, de' op d Juegd
 de' zwe' jong Borschten hate matgeholl,
 durch d Hieselter den Hank eragetroll;
 gewe'nlech Handwerksleid vu Woltz
 an alleguer mat Knied an Holz:
 Schneider, Scho'ster, Lengewiewer,
 Lêendecker, Do'degriewer,
 Metzler, Krimer, Klautgen, Hirt,
 Schreiner, Woner, Schmatt a Wirt.
 Knapps sin se do, hei gin sech d Pättren drun,
 e Stëck ze pro'wen, dat se wëlles hun,
 om Schlass zu Woltz fer Kirmesdag ze spillen.
 Ech duecht, ech kënt iech vleicht den Éfalt pillen,
 a schlaufe bis an d Hieselter erfot.
 Dê gre'ste Maulert vun der ganzer Zort,

e Lengewiewer, sollt de Freier sin —
dat richtigt Hexekraut fer d Kinnigin!
En hat drei Zeile knapps erofgeblärt,
hei kënt en op mech duer an d Heck geschärt.
Ech huelen hemlech mer de Borscht mam Schlapp
a botze raus e mat em Ieselskapp,
so' härlech gro an ieselsme'sseg domm,
datt d O're bal derniewt ze kurz si komm.
An dêrbans hat sei Gre'tchen ausgetrotert,
hên op a stolz eraus an d Freit geschotert;
a Krêsch, Gejeitz, Gedibber a Gedeisch,
an alles ausernaner an d Getreisch!

Ech hannendrun an hot an har
durch Spackelter a Schle'wendar,
durch Stëps a Steng, durch Heck an Hêd,
Morast a Suppecht, t ass eng Frêd!
T kënt kê me' vun der ganzer Zort
mat engem ganze Kiddel fort.
An dêrbans hat d Titania ausgebruckt
an an en Iesel sech verkuckt.

OBERON

Dat gêt jo besser, we' ech mer geduecht,
ma hues de och dê Borscht an d Rei mer bruecht,
dên sech we' bânsteg opgefe'ert grad?

PUCK

Dêm hun ech ganz gehe'reg d A genat.
Se lo'gen do ze schlofen, hat an hên,
we' Stecker Holz, keng Iele vunenên.

OBERON

Komm hannerwands, hei kënt de Borscht getrappt!
Ma wo' ass d Joffer, Puck? Wann dat alt klappt!

PUCK

Wat ass dann do rem fer e Misär lass?
Ech hêsche Märte, wann dat dot en ass!

*Den Oberon an den Puck verstoppe sech.
De Pol kënt eran.*

POL

Neicht we' Getreisch a Bäm, Bäm a Getreisch!
Dat De'er huet ên nach um Enn besprach.
Wê wêss? T gêt allerlê verbrued Gesichter,
absëns am Bësch. Lo gêt sech her an d Laf
geluegt a ro'eg op der Dag geward!
T ass net, fer och nach Hals a Bën ze briechen!

*E lêt sech an eng Kaul an entschle'ft.
Den Oberon an de Puck kommen rem eran.*

OBERON

Du hues dêm falschen d A gebued, t ass klor;
hei leit de Borscht, dên d Kreitchen ne'deg wor.
Kuck, dass de d Medche fêns, a schaf et hêr,
mat wat fer Konschten, dat ass deng Affair!
An dêrbans brengen dêm Patre'ner hei
ech selwer d A mat mengem Kraut an d Rei.

PUCK

Hin an her, a kreiz a quêsch,
op an of, durch gidwer Strêch!
Hurteg, Robin, durch de Bêsch,
lâfs de net, dann hêlt en dech!

*De Puck mecht sech eweg.
Den Oberon dreckt sei Kraut iwert dem Pol seng An aus.*

OBERON

So' verbrued's de lo och bass,
so' besuert a so' befluss
solls de fer dei Medche gin,
wa me' hell deng A gesin!
Herzlech Le'wt a gellen Trei
brenzt meng feireg Blimmchen hei.

De Puck kënt rem eran.

PUCK

Hei ass et schon, onst Suergekand,
dêm hei dê Schle'fer durchgebrannt;
hei kënt et gleich, an hannendrun
dê Borscht, dên ech verwiesselt hun.
En ass verle'wt bis un de Schêd
a keimt a biedelt, t ass eng Frêd.
Dat Spilleche kann nach artlech gin.
Wat d Menschen dach fer Nare sin!

OBERON

Komm hanner d Bâm! Hir Kauderei
mecht nach dê Borscht ons wakreg hei.

PUCK

Wann d Sach sech mecht, da gêt et sche'n,
da gin s'un d Medchen sech zu zwe'n,
an t fle'e Plommen, t fuere Spe'n.

*Den Oberon an de Puck verstoppen sech rem am Bêsch.
De Lorenz an d Celia kommen eran.*

LORENZ

Du gläws mer net. Fer wat? Du sêss, ech me'ch
de Geck. Mecht ên de Geck, wann engem d A
voll Wasser stin?

CELIA

Dat wats de mir verziels,
verziel et, wo's de solls. beim Rosalind!
Do hues de vleicht och Dank; nach vill ze vill,
wê wêss; bei mir verle'ers de dein Otem.

LORENZ

Beim Rosalind? Dat wor dê groen Dram,
dê mir e warme Summerdag mol durch
de Kapp ass gang.

CELIA

Wê sêt mer, ob net och
de Lichteschein dech drämen dêt?

LORENZ

Du wëlls
mech net verston.

CELIA

Lê all deng Sprêch — bei mir,
beim Rosalind, bei wêm nach soss, wê wêss —
zesummen op eng Wo, da weis de Loft.

De Pol gêt wakreg.

POL

Du, Celia? Medchen!

CELIA

Kanner an des Hären!
Wat sin ech lo erfe'ert!

POL

Wonnerbar!

E Kinnekskand, dat, fer den Hochzeitsdag
gerêcht, mat Diamante, Perle, Gold
a Sëlwer ass erausgebotzt, we' soll
et an dei Schied vu fären nêmmen kommen?
Mat wat soll ech deng A vergleiche, Medchen?
Dê klorste Birchen ass derge'nt e Pull,
dên hellste Stär eng ausgebrannte Kuel.
Mat wat dei Mond? Me' lieweg ass keng Kischt.
Wat kann ê ge'nt de' dofteg Wale stellen,
de' d Hor mat dausend seide Fiedem em
de Krauselkapp dir schle'n? Wat setzt ê ge'nt
deng Hand, dei Fo'ss, deng Sëlwerstëmm, ge'nt all



de' Pracht, de' d Sche'nhet seiwer iwert dech
 mat vollen Hänn huet härlech ausgeschott?

CELIA

Fer wat e Kâscht om Floer flamen don,
 wann ên an enger Sêche grad so' gudd
 en Duerf ka sängen? T gêt an engem Otem.
 Ma wann eng Grimmel Schimt nach un iech wär,
 da le'sst der ên a Ro' mat êre Flauten.
 Dên ê versicht et d e'scht mam Rosalind
 an huet en es mat dêm genug, da gêt
 en o'ni emzekucke senger Wê
 a mengt, e kënt mat *mir* sei Spilichen dreiwen.
 Dên anre wëss net, ob en engem soll
 e Mond vergonnen oder net, ass kënt
 e sengem Adel es vergin. Eng Stonn
 derno ass neicht me' sche', me' wonnerbar,
 me' onbegreiflech härlech op der Welt
 we' ausgerechent ech. Datt ên en Dar
 iech ass am A, dat hun ech lang begraff,
 ma êre gringe Spott, dê kënt der spüeren.

LORENZ

Du bass mat denge Sprëch om Holzwê. Pol.
 Kuck, wuers de trieds, well wanns de d Ongleck hues,
 dêm Medchen hei mat *engem* Wirdchen nach
 an dengem Firlefanze ze no ze kommen,
 mat *engem* Bleck, dann hues de mech gelueden!

POL

Wat huet dat Medchen hei mat dir ze dun?

LORENZ

Vergreif dech net un dêm, wat an der Broscht
 mat helle Flame mer fer d Celia glo'sst!
 Seng Sche'nhet huet mer op dên e'schte Bleck

am de'wsten Herz e Feier ugefang,
un dêms de d Fanger vleicht der kêns verbrennen.

POL

Wê wêss. bei wêm dat gliddegst Feier flamt!

CELIA

Go'w je so' iwerluegt an o'ni Herz
de Spott mat engem arme Mensch gedriwen!

LORENZ

Du ko'ms mer haut eng Ke'er schon an d Quêsch:
giew uecht, de Kessel kënt mol iwerkachen!

POL

E fenkt och un, so' lues bei mir ze bruddlen.
Du hues dech mat dêm anren ageloss.
a wann ech der e gudde Rot ka gin,
dann hâlls de dech un dêm. Ass dat verstan!
Hei kënt deng Deiwchen iwigens getrappt.

D Rosalind kënt eran.

ROSALIND

Ech hun zum Gleck dech schwätzen he're, Lorenz,
soss hat ech wuel vergiewes dech gesicht.
So'bal ech se erkannt hun, huet deng Stëmm
mer all dat schwarz Gewëlleks aus dem Gêscht
gejot, dat hënt sech dra gesimmelt hat.
Ma wuerfir bass de virugange, Lorenz?

LORENZ

Wat hätt ech bleiwe sollt? We' hätt ech Ro'
gehat, wo' d Le'wt mech weider huet gedriwen?

ROSALIND

Wat wär da fer eng Le'wt emstand gewiest,
mei Lorenz fort vu menger Seit ze driwen?

LORENZ

Eng Le'wt, de' we' en doftegt Wonner mer
fer d Celia de'w am Herz ass opgeble't.
Se huet mech an e Fre'jorsdag gesat,
so' blo a voller Sonn, ass ge'w ên drämen.

ROSALIND

Du schwätz net, we's de denks! Dat kann net sin!

CELIA

Kuck do, hat huet sech och derzo' geschlon!
Da sitt der lo zu drei, fer êre Spott
un engem arme Medchen auszelossen!
Du, Rosalind, am Bond mat dênen zwe'n,
de' net vill weider opzeweisen hun

ass we' e gringen, onverschimte Mond!
 Ass alles dat vergiess, wat ons so' fest
 e Liewe lang huet unenê gebonnen:
 ons hêmlech Frêd, so dacks mer weit eweg
 vun dênen anre stëll an engem Eck
 ons Katzestillercher aus Gras geflicht,
 a wa mer bei der Bach mat enger Blumm
 ons zeng Mol anescht d Hor an d Rei gemach
 an zeng Mol ons am Wasser hu bewonnert;
 ons Fucht, wa stonnelang d Kawêchelcher
 op engem Kuescht hir Konschten ons gewisen;
 ons Lidder, de' mer an de Wand gesongen,
 zwo' Stëmme an en enzigen helle Klank:
 ons Tre'nen, de' mer redlech hu gedêlt:
 ons Kannerspiller an ons Kannerlêd;
 ass alles dat am e'schte Wand verflun
 we' Donst, dê muerges an den Däller bruckt
 a ge'nt de Mëtteg ass an neicht zergangen?
 Dann ass et ganz egal, ech sin es sat.

LORENZ

Bleiw, Celia, he'er mech! Wê wâr emstand,
 en Hêrz me' trei der virun d Fe'ss ze lèn.
 dat me' vun denger Sche'nhêt ass erfollt,
 an dêm dei Bild me' de'w sech agegruewen?

CELIA

O wonnerbar!

ROSALIND

Komm, Lorenz, siew verstänneg!

POL

Wann d Rosalind dech net erwêche kann,
 ech kann dech zwangen.

LORENZ

Wat? Mech zwangen? Du?

Net me' we' d Rosalind mech kann erwêchen.
 Du bass meng Le'wt, mein Dram, mei Liewen, Celia!
 A wê mer dat so' king ass falsch ze man,
 dê muss mam Stol am Grapp derhannert ston.

POL

Dat kanns de hun. Du sêss, du häss et gâr;
 da lauschter gudd: ech hun et zeng Mol le'wer!

LORENZ

Du gës dech nach net, Borscht? Dann ze'!

POL

Komm no!

ROSALIND

Wat gêt hei vir? *T hält de Lorenz un.*

LORENZ

Loss lass!

ROSALIND

Wat mechs de, Lorenz?

POL

Kome'di fer de Kanner d An ze fëllen!
Verstell dech nëmme! Mach, ass wanns de mat
Gewalt versiche gengs, dech lass ze reissen,
mir schmêrs de d An net zo' mat denge Konschten!

LORENZ

Loss gon, du ursche Popp!

ROSALIND

Ass dat deng Le'wt?

LORENZ

Meng Le'wt, du Mo'k? Verkre'ch dech an de Buedem!

ROSALIND

Du wêss net, wats de sêss.

LORENZ

Ech komme, Pol

POL

Mam Mond, ma da'ss och alles.

LORENZ

Ech kann em dach kê Lêds don, Onverstand,
so' de'w et an der Se'l mer ass z'entwidder.

ROSALIND

Z'entwidder? Wat? Sin ech net d Rosalind,
datselwescht Rosalind, fer dats de gësch
keng Wirder, sche'n a gudd genug, kons fannen?
Ech hu mech zenter gësch dach net verännert!
Ma gëschter owend hues de hemlech dech
och denger Wê gemach. Ech hale wuel,
um Enn am Escht?

LORENZ

Licht dat der lo re'cht an?

Ech sin dach net mam Celia virugang,
wells du mer häss am Kapp gegëschtert.

ROSALIND

Mam Celia virugang! Kuck hei! Mat dir,
du hannerhåltegt Steck, du glësslech Schlang!
Du hues mer hemlech hënt en nach begachelt,
em hannert mengem Reck de Kapp verdre't?

CELIA

Du schums dech net! Wat ge'ws de gär gewuer?
Soll ech der Ried an Äntwert misse ston?
Du dës mech göre schwätze, Pëppchen?

ROSALIND

Pëppchen!

Och nach eng Pëppche sin ech! Bass de vleicht
mat denger Längt so he'ch an sengen A
geklommen? Hues de domat opgetrompt?
We' krappeg sin ech? Schwätz! Wat fer eng Pëppchen?
Ech sin nach net ze kleng, fer mat den Nêl
der an d Gesicht ze rêchen.

CELIA

Hëllef, Pol!

T vergësst sech nach am Eifer. T ass kên Hâf,
ma ass et an der Lucht, dann ass em net
wuel Widderstand ze don.

ROSALIND

Kên Hâf! Kên Hâf,

du gëfteg Zong?

LORENZ

Ge' denger Wê, du Grimmel!

POL

Dir ried iech ganz emsoss an d Feier, Mëschter!
Mer kommen êrer Hëllef zo, t huet kên
derno gefrot. Ma sollt der wëlles sin,
iech lang heirëmmer onnëtz nach ze man,
da kënten d Lompe stenken.

LORENZ

Bass du och

nach do? Lo hält et mech net un. Komm no!

POL

Dir no? Ech hale mat der gleiche Schrack.

De Lorenz an de Pol gin eraus.

ROSALIND

Se gin a sin emstand, sech nach e Lëds
ze don. An alles dat, wënst êrer, Joffer.
Bleiw ston!



CELIA

T misst ên dech net vu fre'er kennen!
Ma bass de hurteg mat der Hand och do,
da këns de mer am Lafen dach net no.

D Celia läft fort.

ROSALIND

Ech wëss net, wat ech man a wat ech son;
am beschten hun ech, menger Wê ze gon.

D Rosalind gêt eraus.

Den Oberon an de Puck kommen aus hirem Verstoppp.

OBERON

Dat ass dei Lichtfank, dêen de' lêschten Zeit
ons Plangen ëmmer rem op d Kopp geheit
an ëmmer rem zu Durchernaner fe'ert,
dês t ass vu vir eran drop ugeke'ert.

PUCK

Wann ech dê falschen ënnert d Hänn hu kritt,
dann ass et wirklech onversins geschitt.
E lo'g ze schlofen ënnert enger Lê
a gleich derniewt dat ênt vun dênen zwê.
de' mir om Schlass zu Braneburg hu font.
Ech hu mer glat net anescht denke kont
ass we', ech hätt dê richt'gen an den Hänn.
Ma wann et dach dê falsche wor um Enn,
dann ass de Kinnek och eng Grëtz dru schold,
en hätt me' klor sech explize're sollt.
We' kont ech wëssen, datt de' zwe' Kadetten
eng Braneburger Deiwche bei sech hätten?
Ma t ass bis lo jo och nach neicht gebrach,
se hun ons nëmnen Zeitverdreiw gemach.



CELIA

T misst ên dech net vu fre'er kennen!
 Ma bass de hurteg mat der Hand och do,
 da këns de mer am Lafen dach net no.

D Celia läft fort.

ROSALIND

Ech wëss net, wat ech man a wat ech son;
 am beschten hun ech, menger Wê ze gon.

D Rosalind gêt eraus.

Den Oberon an de Puck kommen aus hirem Verstoppp.

OBERON

Dat ass dei Lichtfank, dên de' lêschten Zeit
 ons Plangen ëmmer rem op d Kopp geheit
 an ëmmer rem zu Durchernaner fe'ert,
 dês t ass vu vir eran drop ugeke'ert.

PUCK

Wann ech dê falschen ënnert d Hänn hu kritt,
 dann ass et wirklech onversins geschitt.
 E lo'g ze schlofen ënnert enger Lê
 a gleich derniewt dat ênt vun dênen zwê.
 de' mir om Schlass zu Braneburg hu font.
 Ech hu mer glat net anescht denke kont
 ass we', ech hätt dê richt'gen an den Hänn.
 Ma wann et dach dê falsche wor um Enn,
 dann ass de Kinnek och eng Grëtz dru schold,
 en hätt me' klor sech explize're sollt.
 We' kont ech wëssen, datt de' zwe' Kadetten
 eng Braneburger Deiwche bei sech hätten?
 Ma t ass bis lo jo och nach neicht gebrach,
 se hun ons nëmnen Zeitverdreiw gemach.

OBERON

Se sichen sech eng Platz. du he'ers jo,
fer sech se klappe: mach dech hurteg no!
Begann dech. sprêd mer gleich hei durch de Bësch
eng Nieweldollek aus, so' schwarz we' Pech;
mach bal de Lorenz, bal de Pol mer no.
schwätz we' dên hei a bal ass we' dên do,
a fe'er mer an d Ir se allebe'd,
datt kên dêm anren an de Wê gere'd!
A lën se sech do'dmidd enzwo'sch an d Laf,
nodêm se d Harenter sech ofgelaf,
dann dreck dem Lorenz vun dêm Kraut elei
eng Drëps op d An, an d Sach gêt rem an d Rei!
Dat wat se hënt hei alles hun erliewt,
se sin derdurch we' an em Dram geschwiewt;
licht muer zu Muergen d Sonn rem hell durch d Bäm.
dann dron se neicht dervun am Hêrz mat hêm
ass we' eng Le'wt, de' we' e klore Stär
soll mat e gon bis op dê lêschte Lär.
Brenge alles mer heiher an d Gleis! Ech gin
a ma bis iwer mech bei d Kinnigin;
ech kucke, we' et stêt an hিরer Dällt
an ob hirt Ongeheier hir gefällt.

PUCK

Ech ma mei Bescht, ma hurteg muss et gon,
well t ass scho spe'd, an d Nuecht ass bal gedon.
Lo schlaufen d Gêschter hemlech tèscht de Bäm
vun hire Färten op de Kirfecht hêm;
lo wëschen hurteg se lanscht Heck a Mauer.
datt kên se soll gesin an hirem Dauer,
well t ass ë ge'nt de Muergen net geheier,
se färten d Licht ass we' de Wollef d Feier.

OBERON

Ma mir si Gêschter vu me' he'ger Art,
a me' we' êmol hun ech ofgeward,
êr muerges hannescht an de Bësch ech gong,
bis datt den Himmel hell a Flame stong.
Ma kuck, datt iewel alles agerenkt,
êr blêch de' e'scht gro Streif am Himmel henkt!

Den Oberon gêt fort.

PUCK

Hurteg, Robin, vif an d Rad
an de' Band an d Rei gesat,

êr den Himmel Raute wenkt,
êr am Da de Muerge blenkt!

Hei kënt schons ên.

De Lorenz kënt eran.

LORENZ

Falsch ass den Ne'revir we' Galgenholz.
Wo' bass de Männchen? Pol!

PUCK

Heihinne, Borscht!

Siew net am Lêd, du këns zu denger Dêl,
ech sall der deng begowte Lâpper stêpsen!
Komm nêmmen aus den Hecken hei eraus
an op me' gleiche Buedem! Hal dech u
meng Stëmm!

LORENZ

Deng Stëmm! Ech ge'w mech le'wer u
dei Kiddel halen.

E gêt der Stëmm no an d Getreisch.

De Pol kënt eran.

POL

Lorenz! Schwätz! Wuer hues
de dech verkroch? En ass um Enn mer nach
derdurch. Wo' sêtz de am Getreisch ze ziddren?
Dat gliddegt Feier ass et scho geto'ft,
mat dêms de d Bëscher ronderem wolls sängen?

De Puck kënt rem eran.

PUCK

Du hues dech, schengt et, mat de Bäm. Komm her,
du arme Se'l, du deierleche Mued,
ech man der d Box nonê mat enger Widd!
T ass net derwêrt, fer eppes soss ze huelen.

POL

Dat salle mer lo gangs gesin!

E gêt dem Puck no.

De Lorenz kënt rem eran.

LORENZ

E schwätzt an engem drun: bal schengt en hei,
bal do. Ech machen hurteg mech dohin,
dann ass e fort. Fä ass de Buger we'
der Allneichtgudds. E wor vu Jonktem u
me' licht zu Fo'ss. Ma loss et klor gi. Männchen!
Lo gêt geschlof! Dên ongezillte Knätzler!

E lêt sech an d Laf an entschle'ft.

De Puck an de Pol kommen eran.

PUCK

We' ass et, Pätter, këns de net me' no?
Ass d Herz an d Fieschten der gerutscht?

POL

Ward nëmme en Ablack. bleiw nëmme ston,
da gës d'es weis! Keng lieweg Se'l! Da iaf!
Ma ward, mei Jong, du fälls mer iewel nach
an d Gräpp! Ech sall der deng ondugen Haut,
nach êrs de dech es vleicht verseiss. ergêden!
Ech kënt stonsfo'ss entschlofen. T ass ê we'
geschlêft. Ech sall dech le'ren, d Beie stëpplen!

E lét sech an d Getreisch an entschle'ft.

D Celia kënt eran.

CELIA

Fort, nëmme fort, so' weit we' d Fe'ss en dre'n,
datt kên ê me' geseit a kên en he'ert!
Ech hat mer eppes an de Kapp gesat,
ma fer ze baue, brauch ê Steng a Kallek;
a Kallek, Kanner, ganz besonnesch Kallek,
soss bonzelt engem schons dên e'schten Dag
de' e'scht armse'leg Meierchen zesummen.
Lo gët geschlof! A muer op d Bën, so'bal
mam e'schte Schein der Dag durch d Blieder lusst!

T lét sech an eng Kaul an entschle'ft.

De Puck kënt hannert engem Bam eraus.

PUCK

Zwe'n an ênt, dat sin der drei.
an dat lêscht kënt grad erbei.
D Rechnong klappt, Puck, d Zuel ass voll;
t gët rem alles, we' et soll.

U Rosalind kënt eran. De Puck verstoppt sech.

ROSALIND

Ech wëss net, we'ni ech so' midd. so' nass
vum Da, vun Där a Reiser so' zerrappt,
meh durch de Bësch geschlêft. Ma da'ss dat manst:
Wann nëmme him kê Lêds geschitt, dem Lorenz!

F lét sech niewt de' aner a fällt entschlof.

*De Puck schlauft erbei an dreckt sei Kraut iwert dem Lorenz seng
An aus.*



PUCK

Op deng krank an trubbel A
fällt dê Saft hei we' en Da,
dên rem alles brengt an d Richt,
wat mein Irtom ugericht.
Schloft, so' lang et gudd iech dêt,
bis der Dag am Himmel stêt.

E läft eraus.



IV. Akt.

1. Szen.

De'selwescht Parti vum Bësch.

*De Lorenz, de Pol, d Rosalind an d Celia leien do ze schlofen.
D Titania kënt mam Vëlten an hirer ganzer Gesellschaft eran. Den
Oberon verstoppt sech hannert engem Trëmmel.*

TITANIA

Komm, Herzche, setz dech her an d Blummen nidder!
Heihinne, Kanner, sangt êr sche'nste Lidder!
Ech hêmle d O'ren der ganz siecht derbei
a schären der dei sche'ne Pelz an d Rei.

Danz a Gesank.

T gët me' hell schons an der Fären,
d Nuecht ass se'ernêchst gedon,
an om Himmel fenken d Stären
lues a lues un auszegon.

Kauz an Echel fle'e se'er
hannescht an' hirt hemlecht Lach,
Bêr a Wollef hu schon d Ke'er,
an de Fuss kënt hêm geschlach.

All de' ongedäfte Kanner,
de' am Duerf sin remgelaf,
kommen hemlech ênt nom aner
op de Kirfecht an hirt Graw.

An den Dêrfer mecht de Bauer
sech donidden op de Wê,
d Se'ssel hêlt e vun der Mauer,
gapst a fleisst sech fort an d Hê.

VËLTEN

Wo' ass de Monsieur Quaschleck?

QUASCHLECK

Hei!

VËLTEN

Schärt mer an der Kratzkaul, Monsieur Quaschleck! Ech hun e Bass, ass hätt ech de Bockel voller Fle'. D Joffer Penternell, wuer ass se hin?

PENTERNELL

Hei sin ech, Mëschter!

VËLTEN

Wann et iech neicht verschle't, da beme't iech bis baussent de Bësch a brengt mer eng Handvoll Dëstlen! An d Me'mchen Hëmelmaus, wuer huet se sech verkroch?

HËMELMAUS

Wat soll et sin?

VËLTEN

Helleft dem Cavalier Quaschleck kratzen! Ech mengen, ech muss bei de Barbutz, ech fanne mech ongewe'nlech horeg am Gesicht, an ech sin so' e kriddlechen Iesel, datt ech mech kratze muss, so'bal eng Stoppel mech nëmme kriwelt.

TITANIA

Du ge'ws vleicht gäre Musek he're, Le'wen?

VËLTEN

Ech hun e ganz verstännegt O'er fer Musek: sangt mer d Areler Knippchen!

TITANIA

Oder bass de hongreg, wëlls de eppes z'iessen?

VËLTEN

Hätt ech eng Kurbel Huewer hei! Ech kënt en halwen Dag lang Huewer momlen. An t'ass mer, ass ge'w ech no enger Raf voll Hê gelëschten. Gudd drëchen Hê, dat sicht senges Gleichen.

TITANIA

Ech hun e Borscht, king a verwot, dê soll mer dem Kawêchelchen seng Mautsch durchsichen a gleich eng Handvoll Nëss heihinne brengen!

VËLTEN

Eng Gaschel drëchen Ertsen oder zwo', dat wär mer le'wer. Ma ech bieten iech, gët uecht, datt kê vun êre Leid mech ste'ert! T kënt bêmol iwert mech, ass misst ech schlofen.

Ech hun eng Art Disproportio'n, fer ze schlofen.

TITANIA

Da schlof! Ech we'en dech a mengen Ärm.
Laft, Kanner, macht iech fort! So' lêt sech em
de Kuescht mat dausend Fiedem d Wantergring,
an so' wiesst d Wann mat Blat a Blumm an d Hecken.
We' fro' ech mat der sin, we' gären ech
dech hun, a we' ech an dech si vernart.
ech u keng Wirder, fer et auszedrecken.

Se entschlofen.

Den Oberon an de Puck kommen cran.

OBERON

Komm, Robin, kuck der hei dat herzegt Bild!
Se fenkt an hirem Geck mer bal u léd
ze din, an t huet och net vill Sënn, se lang
nach mat dêm Ongeheier hei ze extren.
De' zwê sin dach verluer, we' d Sache stin,
fer mech an och fer si. Ech huelen hir
dê schwarze Gallem vun den An, dên hei
dat greisslecht De'er hir huet le'w gemacht.
Du ze's an dêrbans onsem groe Borscht
seng horeg Pelrin iwer d Kopp a le'ss
e lafen! Wats de hënt hues hei am Bësch
gesin, denk dru we' un e wëllen Dram.
dên o'ni Fuedem der durch d Hir ass gang.
Ma loss mer lo ons Kinnigin erle'sen!

En dreckt der Titania eng weiss Blumm iwert d An aus.

We's de wors, so' solls de gin,
hell soll rem dein A gesin,
hell rem Herz an Hir der gin!
An lo, Titania, mach deng An rem op!

TITANIA

O Oberon. wat hun ech hënt gedrämt!
Ech wor mat engem Iesel an der Wêr.

OBERON

Hei leit den Här!

TITANIA

So greisslech hun e Be'scht
ech nach net bal gesin. We' ass dat zo'gang?

OBERON

Puck, huel dêm Borscht sein Ieselskapp eweg!
Loss Musek man. Titania. Musek. de'
am Schlof de' fënnef hei dêt ënnergon!

TITANIA

Kommt, Kanner, Musek fer en de'we Schlof!
De Puck schwätzt iwert de Vëlten.

PUCK

Dês de d An op no em Strapp,
hues de rem dein êgne Kapp.

OBERON

Titania, komm a ronderem om Grond,
wo' sech de' Schle'fer ronken hei gesond!
A muer zu Woltz, dann danze mer om Schlass,
wo' dêne ve'er hiren Handstrêch ass.
Durch d ganz Geheis, Stall, Kichen a Gemach,
gët lues ge'nt Hallewnuecht den Tur gemach;
mer strêe Gleck a Frêd a Fridden aus
mat be'den Hänn am ganze weiden Haus.

T gët ëmmer me' hell.

E WICHTELCHEN

Mer hausen dagsiwer am Bësch op der Kopp
a dên ons am Schied op en O'er,
ma gët et un d Nuecht, da ma mer ons op
a wëschen eraus op de Flo'er.

PUCK

An ech setze mech dacks engem Medchen op d Hatt,
dat am Dag net geduecht hat un d Blueden,
an t hëlt mat Gekeims bis an d Duerf mech mat,
an t mengt, t hätt alt schwe'er gelueden.

E WICHTELCHEN

Mer lafen durch d Stecker an iwert de Pad
a schlaufen durch Bongert a Garden,
mer rafen d Raupe vu Blumm a vu Blad
a machen, datt d Schleken sech arden.

PUCK

An huet sech eng Giedel beim Babble verspe't,
da rabblen ech lues an de Blieder,
an da sollt der gesin, we' an d Angscht se gere't
a fortwëscht, ass ge'w et e Wieder.

E WICHTELCHEN

Mer schlaufen hemlech an d Heiser eran
bal ënnen am Duerf a bal uewen,
mer kucken a Kurbel, a Kro' an a Kan,
a Meicher, a Mo'l a Bakuewen.

PUCK

A stêt an em Stall eng Dir nach op,
wo' d Mod re'cht amgang ass ze streichen,
de ke'ren ech wuppdech den Emer op d Kopp,
man d Ke' nach lass an entweichen.

E WICHTELCHEN

Mer kucken a Kichen a Kummeren no,
ob d Hausfra net brauch sech ze schummen,
ob Speck an Er a Botter sin do
an ob se hir Sach hält zesummen.

PUCK

An huet de Mêschter sech iwert den Duscht
e Pättche mol d Strass a geke'ert,
da gët durch e Maschtepull hêm no der Ucht
mat Schong ën an Huese gefe'ert.

E WICHTELCHEN

Mer klotren an d Hoscht, mer klammen op d Gänn,
mer kucke, wat d Kellere soen,
a sênen dê Reichtom, dênen ärdeg Hänn
am Schaf hun zesummege droen.

En Danz.

PUCK

Fort! An d Bëscher! D Sonn gët op,
hell scho licht se iwer d Kopp.

OBERON

Hurteg, Kanner, opgebrach!
Kommt, mir si fer d Nuecht gemacht!

Se lafen an d Getreisch.



2. Szen.

De Grof vu Woltz an den Här vu Braneburg komme mat engem Trapp Leid eran. de' sech gleich an de Bësch versprêden.

WOLTZ

T huet zenter gëschter mëtteg kêen zu Woltz an an der Noperschaft sech me' gewisen: re'cht haut de Muerge kommen der e puer vun hire Leid geschärt, mëschnass a steiw vun Dreck, kê ganze Fuedem me' um Leiw, geschannt, gestrëppt, d Gesichter zo'gericht an d Hänn, ass hätten d Hexen se nonê gemach; a vun der ganzer Zunnest ass net ê verstännegt Wirdchen rauszekre'ën.

BRANEBURG

T sin zwanzeg Jor, de'selwecht Nuecht, du sin dohêm zu Braneburg zwê Kënnercher, eng Stonn knapps op der Welt, ons aus der We' verkomm, ass hätt de Wand se weggeblos. D Falbreck wor an der Lucht, all Dir gespart, keng Menschem'glechkêt fer rauszekommen, se woreh iewel fort. Meng Fra ass drun zu Schane gang; mer hun se lang begruewen. Thuet spe'der mol eng Me'mche mer gesot, op hënt wär all dat kleng Gelichter lass, dat an de Bëscher haust de Summer durch an nuets am Lichteschei besonnesch gär sei Schallek dreiwt.

WOLTZ

Loss d Honn hei am Getreisch eng Zeitchen remgeschnoffelt hun, da si mer vleicht e Schrack me' weit. Wat stecht dann do? Wann ê vum Fuss schwätzt... Blos dei Liddche. Märten! Hei hu mer se.

BRANEBURG

Gesond?

WOLTZ

We' d Fesch am Wasser.

Hei lein se monter Holz se sêen, d Jongen.

E geseit d Celia an d Rosalind.

Wo' kommen de' zwo' Schmueltbren lo dann her?

Hun d Lompkre'mer hënt hei ausgepakt?

Wat sêss de duerdo'. Franz?



BRANEBURG

Entwidder sin
ech hell amgang ze fuehlen, oder d Welt
huet hënt e Krack sech hannerzeg gedre't.
Ech sët bal gär, si selwer.

WOLTZ

Wên?

BRANEBURG

Meng Fra
getre'scht, ass hätt ech gëschter re'cht se mat
op Braneburg geholl.

WOLTZ

A wat ên sech
dat anert me' bekuckt... Wat gët hei vir?
Hê. Lorenz, Pol!

De Lorenz an de Pol gi wakreg.

POL

We' gällech Seid.

WOLTZ

We' wat?

LORENZ

Do ass et jo! Ech hat et ston, ech hätt
et hemlech an der Deischtert lei geloss.

WOLTZ

Wê lei geloss?

De Lorenz schle't kên A vum Rosalind of.

LORENZ

Ma all dên Durchernên,
t wor weider neicht um Enn ass we' en Dram.

aus Loft gewiewt an rem a Loft zergangen;
e groen Donst, dê schwe'er iwert ê
mat frieme Fratzen ass eweggekroch.
T gët all Ablack me' klor mer vir den An,
me' lëfteg an der Broscht, an desto me'
ech kucken, desto heller wiesst all Zog,
all enzel Linn zu engem Bild zesummen,
so' sche'n, datt d Hierz et bal net ass emstand,
an senger ganzer Härlechket ze fassen.
Wo' si mer iwerhapt?

WOLTZ

Du wärds e Schrack
vum Schlass de' Woltzer Bëscher net me' kennen!

LORENZ

E Schrack vum Schlass?

WOLTZ

An dir doiwer, Mëschter?

POL

That ê vun ons de Schotz gedon, ma wên?

LORENZ

Dat ass jo ganz egal.

POL

An du ko'm d Celia.

A we' ech wakreg go'w, du wor et mer,
ass deng en Donst sech ausernên, ass ge'w
et kloren Dag.

LORENZ

Ech ko'm der net me' no,
so' bass de ausgezun.

POL

Wen ass gelaf?

LORENZ

Dann hun ech dat gedrämt.

POL

Ech mengen och.

WOLTZ

Ech hale wuel, der sitt nach allebe'd
net richtig wakreg. Reiwet iech d An mol klor
an äntwert mat Verstand! Wê sin de' zwê,
de' am Getreisch hei niewt ze schlofe leien?

LORENZ

Dat ênt hêscht Rosalind.

POL

An dat ass d Celia.

WOLTZ

Wo'her se komme ge'w ech gâr gewuer.

LORENZ

Wo'her se kommen?

WOLTZ

Wên se sin a wo'
dohêm.

LORENZ

Wann ech et selwer we'sst. ech ge'w
eng Halschend drem vu Woltz.

POL

An ech de' aner.

WOLTZ

An domat wârt der zimlech alles lass,
wat niewt dem Wopen d Haus huet opzeweisen.
Ech ge'w an êrer Platz en Handwerk le'ren,
t ass more Kascht, vu Loft a Le'wt ze liewen.
Hei komme schon ons Leid. Huelt iech zesammen!
Komm, Franz! Se schwâtze grad so durchernê
we' de' de Muergen. Loss mer virugon,
soss stî mer bêmol hei an engem Trapp,
dên dêses sech an dêrs net zo' ka kommen!
Begannt iech, dir doiwer, macht iech op
de Wê, a losst ons net ze lang op iech
an op ons onverhoffte Gäscht hei warden!

Zum Här vu Braneburg.

Du dês mer lêd. ma besser. lues gefuer
we' an de Gruew geschott. Wê wêss, wat hênt
am weiden Himmel fer e stêlle Stâr
op enger bessrer Platz sech agericht.

BRANEBURG

Se hun hir êge Piedercher douewen,
a wên heinidde mengt, e ge'w an d Welt
mat hellen A we' a klor Wasser kucken,
dên ass om Holzwê, Jongen. Loss mer gon!
T ass ên um Enn dach neicht ass we' e Wurm,
dên mol no engem Summerrên eng Stonn

sech aus dem Buedem wot an durch den Dreck
sech viruschlêft eng Ielen oder zwo!

*De Grof vu Woltz an den Här vu Braneburg gin eraus.
D Rosalind gët wakreg.*

ROSALIND

Do ass e jo! Dann hun ech iewel hënt
gedrämt, an t wor neicht weider we' e Schied,
wat an der Deischtert ên an d Angscht gedriwen.
We ass et, Lorenz, ziels de d Peiperlecken?
Du bass mam Po'fank wakreg haut de Muergen.

LORENZ

A monter we' e Po'fank kënt ech sängen,
so' hun ech d Broscht voll Klank a bloem Himmel.
Ech kucke mer no enger groer Nuecht
rem d Hêrz gesond un denge kloren An.
So' schwarz a schwe'er we' et hënt mer wor,
so licht a lëfteg ass et mer de Muergen.

ROSALIND

Komm, loss mer ons eng Handvoll Blumme plecken!
Se sin am sche'nste, wann se muerges fre'
de Käppchen an dêr e'schter Sonn sech wêrmen.

LORENZ

Dat Doftegst, wat op Wis a Wêd gewuess,
mer siche fer e Buki et zesummen,
we' kên am Zäregard ass opzedreiwen.
Mer hu kê weide Wê bis an den Dall,
wo' d Heiser nach am Niewel lein donidden,
an Zeits eng E'wegket. A wann ech net
vun alle gudde Gêschter si verloss,
dann hues de vleicht e Wirdche mer ze son,
dat nêmmen ech an d Blumen he'ren derfen.

*De Lorenz an d Rosalind gin eraus.
D Celia gët wakreg.*

CELIA

Wo' si mer, Pol? Ech sin nach ganz verblind.
We' si mer an dên Hank elei geroden?
Ech hat et ston, du häss dech fortgemach
a leng mech an der Deischtert setze losst.

POL

Dat ass de' ongehuwelt Abberzuel,
de' hënt mech bal huet aus der Haut gedriwen.
Ech hätt mer gär den Hals eraus geschwart,
t wor alles Donst, gefuebelt a gelugen.

CELIA

Komm, d Hand op d Herz, a kuck mer mol an d An!
Ên enzezt Wirdche! Schwätz!

POL

Ech hun der hënt
et honnert Mol gesot: ech we'sst net, wat
mer op der Welt kënt le'wer si we's du;
du bass mein Denken, Celia, a mein Drämen!

CELIA

Dohanne, wo' de' Birken op der Bro
Jor aus, Jor an am Wand hir Widde we'en,
du hun ech dacks am Ginst gestan an hun
an d Dall erof op d Woltzer Schlass gekuckt;
an t ko'm mer ëmmer vir, ass misst et sech
an senge Mauren hemlech wunne lossen.
Komm, t kann ê vleicht schon d Tir am Niewel zielen!

Se gi fort.

De Vêlten gët wakreg.

VÊLTEN

Wa mei Stechwurd kënt, da ruft der mech! Dat nächst ass: Ech
hu gemengt, t hätt ëmmescht hei geschwart. Hallo, Stippchen!
Tirtech, de Schneidermëschter! Märten Iwerenzeg, de Blech-
schle'er! Sté mer bei, de' Canalien hun sech derdurch gemacht a
mech hei ronke geloss. Ech hun eng rar Visio'n gehat. Ech hat
en Dram, t gët iwert de Menschewitz, fer ze soe, wat fer en Dram
dat wor. De Mensch ass weider neicht we' en Iesel, wann en sech
drugët, dên Dram ausernên ze don. T wor mer ech hätt... t ka
kê so wat. T wor mer ech wär... ma e Mensch ass nëmme e
gesteckerten Nar, wann en sech verhêscht, fer ze soe, we' et mer
wor, wat ech wär. Kên A huet et gehe'ert, kên O'er et gesin, kên
Herz ass emstand, et ze son, keng Zong, et ze erfasse, wat fer e
Gedräms dat wor. Ech lossen de Stippchen eng Ballad driwer
schreiwen, an se soll hêschen: dem Lengewiewer seng Ballad;
well t wor allerhand Lengend a verwënnerlech zesummegewiewt.
An ech sangen se beim Grof ge'nt d Enn vun onsem Steck. Vleicht,
fer d Sach ze erhiewe, wann ech mech mam Lisbeth durch d Rei-
ser man.

E gët fort.

3. Szen.

Eng Stuff beim Stippchen zu Woltz.

De Stippchen, de Märten an aner Handwerksleid kommen eran.

STIPPCHEN

Wor nach nëmmescht iwer bis bei de Vêlten? Ass en nach ëmmer
net dohêm?

MÄRTEN

Bis haut den Owend huet sech neicht gere'ert. Kën Zweiwel, dën ass transporte'ert.

STIPPCHEN

An an en halwen Iesel. Mëcht en sech net erbei. da setze mer schein am Dreck mat onsem Theater.

MÄRTEN

Wann ên nëmme vum Verstand wëllt schwätzen, da misst ê weit lafe, fer sei Gued ze fannen. Well wat dën an der Schirbel hat. dat huet net bal en anren.

STIPPCHEN

O'ni sein Opriedes ze ernimme, Märten. an seng Stëmm, seng warm sympathesch Stëmm.

MÄRTEN

Dat sêss de gudd! Dat Bescht, wat un em wor: seng Stëmm, seng warm asthmatesch Stëmm!

Den Tirtech kënt eran.

TIRTECH

Loss dei Kiddel flecke, Stippchen! T ass eppes an der Lucht, t gët Handstrêch haut gehal om Schlass douewen.

STIPPCHEN

Du bass net weis!

TIRTECH

Fer wat net weis?

STIPPCHEN

Eng Riedensart, Tirtech!

TIRTECH

Ma keng Art ze rieden. De' Kuschten, de' ech verdingen, de' iessen ech so' e'erlech we' en anren. Ganz Woltz ass voll dervun. Ech go'w et grad gewuer vu Gêdesch Pir senger Fra hirem Mononk. An t ass op eng Art schon Noperstupp den Owend.

STIPPCHEN

A wat fer ê soll et da si vun onsen Hären, dê fiance'ert gët, den Här Lorenz oder de Pol?

TIRTECH

Ê Biedel mam anren: de Lorenz an de Pol.

MÄRTEN


Da gët et och an enge Käschten.

TIRTECH

D Leid sollen sech iwerhapt me' matenê bestueden!

MÄRTEN

A mat wem gin se da geknëppt?



TIRTECH

Der kennt jo dên alen Här vu Braneburg?

MÄRTEN

We' e Boxeknapp, mat Verlâw ze rieden.

TIRTECH

Ma mat dêm sengen zwo' Jofferen.

STIPPCHEN

Ech hat et ston, dên hätt keng Kanner.

TIRTECH

En hat och keng, keng Fra a keng Kanner .

STIPPCHEN

An lo huet en ebêmol zwo' Jofferen?

TIRTECH

Zenter haut de Muergen.

STIPPCHEN

T ass haut de Muergen allerhand passe'ert, ma wann dên alen Här vu Braneburg zwo' Jofferen huet, dann hat en ergo zwo' Jofferen.

TIRTECH

Verste' mech gudd, Stippchen: en hat zwo' Jofferen, an en hat och keng zwo' Jofferen; ergo en hat der zwo' well en der zwo' hat; an en hat och keng, well ê kengem e Kiddel aus Wand ka schneiden; ergo zenter haut de Muergen huet en der zwo! Hues de dat bekäppt? Ma fer we' lang? Den Owend gin se scho finan-ze'ert, an t ass eng Schan, datt de Vêlten en Iesel ass, soss hätte mer bei dêr Gelêenhet kênnen Theater spillen. Ech lêe meng Hand an d'Feier, de Grof hätt gidwerengem en Daler gin.

De Vêlten kënt eran.

VËLTEN

Wo' stiechen se, de' Borschten? Wo' hu mer se, ons courage'ert. Jongen?

STIPPCHEN

De Lengewiewer! O sancta simplicitas! O fräsch geprafften Dag, o neigebuere Stonn!

VËLTEN

Meng le'w Frënn a Mëschtren! Ech kënt iech eppes zielen, datt d Hor iech ge'wen ausgon an d Dronkenellen zu Berg ston. Ma frot mech net wat. Well wann ech iech et zielen, da sin ech en Af. An ech son iech alles der Rei no, richt eweg an o'ni Fisematente, we et gangen ass.


STIPPCHEN

Mer lauschtere, Lengewiewer.

VËLTEN

Vu mir, kê Wurd! Alles wat ech iech son, dat ass, datt d Iesse bal eriwer ass om Schlass. Sicht êr Kostümer zesumme, macht iech gudd Bändlen un d Bärt, fest Strecklen an d Schong, an hurteg uewenaus! Kuck gidwerên nach eng Ke'er iwert seng Roll, well, fer et an engem Wurd ze son, se werden ons den Owend mat onsem Theater brauchen. Suert op jidde Fall derfir, datt d Lis'che propper Lengend huet! An dên de Bidde spillt, soll Huewerschleim den Owend iessen! An lo kê lang Geschwätz a kê Gedässems, mā alleguer op d hënescht Bën a vif de Berg aus?

Se gin eraus.



V. Akt.

1 Szen.

Am Schlasshoff zu Woltz.

*Den Haff ass voller Leid. De Grof vu Woltz an den Här vu
Braneburg kommen eran.*

WOLTZ

Soll ên et gläwe, wat de' ve'er zielen?
Mech mo'tst et u matzeite we' eng Sêchen.

BRANEBURG

T gëtt villes têscht dem Buedem an de Stärn,
wat hemlech niewent ons seng Fiedem spënnt
an op an zo' mat engem klengen Enn
an onsen enke Krês eriwerrêcht.

Wat hënt geschitt ass, ass eso' e Këpp;
a wa mer alles ro'eg iweggin,
zesummenhuele, wat se alleguer,
ê we' den anre, we' e loff'gen Dram
am Laf vun enger Summernuecht erliewt,
da leimen honnert enzel Schirblen sech
zo' engem Klomp vu Wirklechket zesummen,
so' fest, datt kênen ausernaner kritt.

De Lorenz an d Rosalind, de Pol an d Celia kommen eran.

WOLTZ

Hei kommen ons verle'wten Durteldauwen.
Gleck, Frêd a Fridde solle mat iech gon
op engem sche'ne lange Lieweswê!
So' we' der lo an êrer jonker Le'wt
sitt ênt dêm anren herzlech zo'gedon,

so' sollt der nach an êren alen Dêg
ênt fer dat anert e Geheichnes sin!
A sitt der spe'derhin, dên ên hei Grof
vu Woltz, dên anren Här vu Braneburg,
da solle Fridd an Enegket êr Heiser
me' enk a fest nach matenê verbannen
we' d Frëndschaft. de' bis haut ons zwo' Familien
a gudder Noperschaft huet liewe losst!

LÖRENZ

Mir son iech merci, Papp, fer êre Wonsch
a bieten, datt et voll a ganz em ass
vergonnt, an d Wirklechet sech auszewuessen.

WOLTZ

Versprêd iech ronderem den Haff! Macht Platz!
Losst Spass a Spill, Danz, Musek a Gesank
ons onverhoffte Festlechet beschle'ssen!
Wo' hu mer de' verwote Schreiwese'l,
de' haut de Muerge sech bei ons verhêscht,
am Laf vum Dag fer Zeitverdreiw ze suergen?

SCHREIWER. *E gêt dem Grof en Ziedel.*

Hei hun ech alles beienê gesat,
wat zeideg ass zu Woltz vu Witz a Wirder.

GROF

Weis her! «Dê lange Veit vun Iechternach».
Dat ass dêr ongesênter Flauten eng,
de' d Hêschekanner an de Gasse sangen.
E wor e Kapp ze lang, dê lange Veit,
an t hat net vill gefêlt, dann hat en sech
suguer dêr hêchster Platzen eng gekropt,
de' d Schâffen auszedêlen hun am Dênzelt.
Kê Wonner, wann eng Hârd gudd Nopre lichen!
An duerno: «D Sêche vun der Heibleiwskârchen».
De' hat mei Papp mer zwanzeg Mol verzielt,
ech wor nach net emstand, zerguddst ze schwätzen.
De' vun der «ro'der Gêss», de' wâr mer le'wer,
ma dovun huet bis haut nach nêmmesch sech
erfankt, dat e'schte Wurd mer ze verroden.
Jê, t ass net gudd, wann d Kanner alles wêssen!
«E lêschtetg Trauerspill vum Här vun Hierg
am sche'ne Lisbeth, senger brawer Duechter».
Kuck do! En Trauerspill, dat lêschtetg ass!
Da'ss weisse Ro'scht an hard gefruere Feier.

A sche'n a braw zugleich bei engem Mëdchen!
We' dat sech reimt, dat ge'w ech gäre weis.

SCHREIWER

Eng Farce, Här Grof, keng honnert Zeile lang,
ma schons mat enger Dosen iwer d Moss,
well t ass kê Wirdchen dran op senger Platz,
an de' et spille, sin et nach vill männer.
Ma t ass en Trauerspill, do ass kên Zweiwel:
de Freier gët vum Mëdchen sengem Papp
bei engem Hor no d Lêen a geheit,
hat selwer gët mat sengem Borscht derdurch,
an duerops fenkt dên Alen un ze fueblen
a schwätzt dueruechter a gereimte Versen.
Ech hu mer d Sach den Owend ugekuckt;
ech muss geston, datt d A mer hu gewässert,
ma me' eng lëschteg Tre'ne si mer nach
mei Liewe lang net an de Bart gelaf.

WOLTZ

Wat sin et da fer Borschten, de' et spillen?

SCHREIWER

Gewe'nlech Handwierksleid, de' nach bis haut
mam Kapp net hu geschafft. Se hu Verhalt
a gudde Wëllen op de Lëschte gespant,
fer iech eng Frêd ze man.

WOLTZ

Se solle kommen!

SCHREIWER

Wielt eppes anescht, Grof, ech bieten iech!
Ech hun hir Sach mat êgnen A gesin;
ech we'sst net, wat iech dru gefale kënt,
we' datt hir Me' ë redlech ass gemengt.

WOLTZ

Hir Me' an E'ren! Huet iech Platz, dir Damen!
De gudde Wëll baut Brecke, wo' mat Steng
a Kallek we'neg dacks ass auszerichten.
Se solle weise, wat se färdeg bringen!
Ass d Herz derbei mat Lost a Le'wt, da gët
et op e Grappvoll oder zwe'n net un.
So' dacks et eng besonnesch Festlechket
heiuewe go'w om Schlass, da ko'men se
vu Woltz erop mat enger Strauss; an huet

de guddste Mann. dên d Sprêchelche sollt son,
am Trubbel sech an senge Sätz vertrëppelt,
dann hun ech iewel seng verwurelt Ried
fer dat geholl, fer wat se wor gemênzt:
ech hun e Gleckwonsch iewel draus gepleckt.
En huet suguer mer besser dacks gefall,
we' wat mat glate Wirder muncher Här
mer lang a brêd huet ausernêgedon.

SCHREIWER

T ass alles prett, mer kënnen d Virwurd he'ren.

De Prolog trëtt op.

PROLOG

Mir man ons Bêscht. Fer iech mat onsem Steck
eng Frêd ze man, t huet net dê mansten Zweck.
Mat onse Verse lästeg iech ze falen,
t wär ons eng gällech Fucht. Iech festzehalen
an a vergangen Zeiten ze versetzen,
t huet glat kê Sënn. Fer stonnelang ze schwätzen,
mat huele Riede gapsen iech ze don,
mir hun et vir. Fer alles kurz ze son,
mat vill Getots vum Bockel iech ze bleiwen,
t ass kê so' domm. Iech op de Bam ze dreiwen,
ass alles prett. A gêt ons Spill lo un,
denn denkt. u wat mer lo gesot iech hun!

WOLTZ

Dê Buger elo ass net kriddlech mat de Punkten.

BRANEBURG

En ass durch seng puer Sätz getirkelt we' e Fillen durch eng Wis,
o'ni ze wësse, wo' e stall soll halen. Mer kënnen eppes draus le're,
Grof: t gêt net duer mat Schwätzen, t muss ên och richtig
schwätzen.



LORENZ

En huet op sengem Virwurd gespillt we' e Kand op enger Flêt: en Ton', ma net an der Gidd.

WOLTZ

T wor eng verwurelt Kette: lauter Schläpp a Knied. Wê kënt elo?
Den Här vun Hierg, d Lisbeth, de Gasper, de Lichteschein an e Pärđ kommen noenên eran a gin rem eraus.

PROLOG

Dir frot iech vleicht, wê kënt dann hei eran
mat ro'dem Bart a schwarze, we'schten An.
Dat ass dên uergen Här vum Hierger Schloss.
De' härlech Joffer hei seng Duechter ass.
An hannendru kënt hire Freier schon,
den Här vu Befert, stots we' d Muergessonn.
Sein Num ass Gasper an sein Herz dat brennt
fer d Lisbeth, we' seng Freiesch hei sech nennt.
Dên alen Imchen hei, dên an der Hand
eng Lanter hält, e gët de Mond genannt.
En dre't om Bockel och eng däreg Fäscht,
well hên de Sonndeg huet gehale schlecht.
En huet zu Hierg dacks hell we' d Sonn geschinnen,
wann nuets de Gasper ass geschlach dohinnen;
en huet em klor an hell we' d Sonn gelicht,
wann hê geklommen d Lêen aus ass richt.
Well wann se weidewoen op och stong,
e kont durch d Part net gon, den arme Jong;
hätt Kinnek och a Käser em gebirgt,
dên Hierger hätt en op der Platz erwirgt;
so' huet an d Le'wt den Hass eragespillt.
dên tèschend Befert sech an Hierg gezillt.
Dat härlecht De'er hei gët Pärđ genannt.
Tass dacks mam Hierger durch den Bësch gerannt,
t huet dacks dên Hierger weit eweg gedron,
wa bei seng Freiesch wollt de Gasper gon.
De Gasper huet un sengen Trëtt am Sand,
ob d Lucht och propper wor zu Hierg, erkannt.
A wor se renglech, gleich dohin op d Schloss
an d Lêen aus; wat huet en sech geflass!
So'bal dên Hierger dovu krut e Wand,
du ass e bei den Haler Schmatt gerannt
a le'sst sei Bididi hannevir beschlon,
fer datt de Gasper op de Leim sollt gon.
Dem Pärđ seng Eisen. opgesat verke'ert.

se hätte bal de Jong an d'lr gefeert.
Ma wat zu Hiern sech weider zo'gedron,
dat losst de Mond hei, d'Pärd an d'Leid iech son!

WOLTZ

We' et schengt, hun de Mond an de Biddi och e Wirdche matze-
schwätzen.

BRANEBURG

Fer wat och net? Wuertfir soll e Pärd misse stëll hale, wann so'
vill lesele schwätzen.

D'Pärd kënt erem eran.

PÄRD

An dësem sche'ne Steck, do kënt et vir,
datt ech e Pärd sin, ech, den Näckels Pir,
an zwar e Pärd, dat hannevir beschlon,
so' datt ech schengen, hannerzeg ze gon.
Meng Ho'f elei, de' sollen iech beweisen,
datt se verke'ert si, meng ve'er Eisen.

E weist seng Hufeisen.

WOLTZ

Ech färten alt, bei dëm Biddi elo ass nach eppes anescht net an
der Rei we' seng Eisen.

BRANEBURG

Fer wat? Kann ê verlangen, datt e Pärd soll me' geläufig schwätzen?

LORENZ

E gudde Be'scht a se'er gewëssenhaft!

POL

Richt eweg we' e richtig Pärd!

LORENZ

An eng Gäns fer ze schnadderer!

WOLTZ

En ass jo och hannevir beschlon an e gët hannerzeg. Hätte mer de
Schënner hei! Ma hei kent de Mond gewenzelt. Loss mer lausch-
tren!

De Mond kënt eran.

MOND

Meng Lanter ass de Sëlwermond getrei...

WOLTZ

Getrei? En ännert all Woch!

BRANEBURG

An en ass vu Sëlwer. Da kann ê sêcher net behapten, e wâr trei
we' Gold.

POL

Seng Lanter ass op jidde Fall vu Blech.

MOND

Meng Lanter ass de Sëlwermond getrei,
de Mann am Mond, dat sin ech selwer hei.

WOLTZ

Dat ass nun iewel dê graffsten Irtom vun en alleguer. Dê Mann
misst an der Lanter sêzen. We' ass et soss de Mann am Mond?

BRANEBURG

En ass net so' king, fer dran ze krauche wênst der Kerz. Der gesitt,
se êrgert sech schons.

LORENZ

No senger Lichtchen ze schle'ssen, ass en am Ofhuelen.

POL

Ech hätt neicht derge'nt, wann en ännre ge'w.

LORENZ

An Harenter kre'g? Loss mer verstänneg bleiwen a warde, bis e
vum selwer me' kleng gêt!

POL

Fuer viru, Mond!

MOND

Alles wat ech ze son hun, dat ass, datt meng Lanter de Mond ass,
ech selwer de Mann am Mond, mein Hond, mein Hond, a meng
Fächt, meng Fäscht.

POL

Geseiss de, dat hätt alles missen an der Lanter stiechen.

BRANEBURG

Ro'eg! Hei kënt de Gasper erageschlach!

POL

A lamert fer sech selwer, we' der lo he'ert:

De Gasper kënt eran.

GASPER

O deischer Nuecht, o Nuecht, so schwarz we' Pech,
de' ëmmer ass, so'bal den Dag eweg,
o Nuecht, o Nuecht, o mei, o mei, o mei,
mei Lisbeth huet vergiess mech sêcher hei!
O Mond, begann dech, fleiss dech, komm eraus

a licht mat denger Lanter hei em d Haus,
a licht mat denger Lucht hei em de Gard.
datt ech gesin, ob d Lisbeth op mech ward!

De Mond gêt mat der Lanter ronderem.

GASPER

Ech wëss net, we' ech der soll merci son,
fer alles wats de Gudds mer, Mond, gedon.
Ma wat gesin ech? Neicht! Kê Lisbeth do!
Verwënschte Mond! Kê Lisbeth bei nach no!
Du hues mech greisslech hannert d Licht gefe'ert,
Verhuelene Gesell! Ass dat erhe'ert!

WOLTZ

Wo' en dach och Gefiller huet, do misst en eigentlech erem-
fluchen. de Mond.

GASPER

Nên, e muss net. «Ass dat erhe'ert» ass dem Lisbeth sei Stech-
wurd. Der werd gesin, t kënt lo gangs eran. Hei ass et schons!
Wat hat ech iech gesot?

D Lisbeth kënt eran.

LISBETH

O Mond, du hues meng Kloen dacks gehe'ert
an ëmmer rem mei Gasper her gefe'e'rt,
o bring och haut eng Ke'er her en nach,
o bring en hurteg, se'er, fleiss dech dach!

GASPER

Dat ass mei Lisbeth! Mond, mat dengem Licht
weis hurteg mer sei schallekzegt Gesicht,
seng schlotweis Hor, seng pechschwarz Zänn gesond,
seng Kischtenan, sei blenk'ge Perlemond!

De Mond hält dem Lisbeth d Lanter an d Gesicht.

O Mond, stës du mer bei. wo' soll et manken?
We' soll ech fer deng Guddhet mech bedanken?

LISBETH

Du hues dech, Gasper, a mein Hêrz geschlach.

GASPER

Ech wor deng Le'wt, ech sin et ëmmer nach,
trei we' de Salamander vun Athen!

LISBETH

An ech we' d Helena trotz Sturm a Rên!

GASPER

Stark we' den Herkules, dê Woll gesponnen!

LISBETH

We' d Klytemnestra ech, zu alle Stonnen!

GASPER

We' Blummen doften d Ro'sen hei em d Haus,
so' richt dein Otem aus dem Hals eraus.
Ma lauschter, Lisbeth, wor dat net eng Stëmm!
Bleiw hei eng Grimmel, gleich sin ech erem!

E gêt eraus.

LISBETH.

O Gasper weiss, o Gasper, trei we' Schne',
a ro'd am Hêrz ass we' eng Kischteble',
dên neicht an sengem stolze Liewe fârt
a stark ass we' dat allerstärkste Pârd!

De Gasper kënt rem eran.

GASPER

Ech hat gemengt, t hätt ëmmescht hei geschwart,
t ass net geheier hënt elei am Gard.
Wo' fanne mer ons muer, meng herzeg Meis'chen?

LISBETH

Mer treffen ons beim Brudder senger Kleis'chen.

GASPER

Bis muer, meng Mod! Vergiess et net! Ech gin,
well t kënt mol ên am Gard heihërter sin.

E gêt fort.

LISBETH

O licht em, Mond, o mach sei Wê em glat,
o hellef em op sengem ge'e Pad
a fe'er durch de Bësch en an durch d Bäm!
Wat ass dat do? Mei Papp? En ass heihêm?

POL

Hei kommen zwê nôbler Stecker Ve': e Pârd an e Mensch.
Den Här vun Hierg kënt mam Pârd eran.

LORENZ

Ech färten alt, lo rubbelt et. E kuckt we e gestachene Bock an e
schäftt schons Otem.

HIERG

Wo' ass dê Borscht, dê grad hei bei der wor?
Wuer huet en sech verkroch? Schwätz! Klipp a klor!
Du äntwers net! Da wëss ech, wat ech man:
bege'nt e mer, da gêt en d Lêen an.

E gêt eraus.

POL

Hoffentlech ass de Gasper ënnerwê. soss gët e gelicht.

GASPER

Ech sin net ënnerwê an ech gin och net gelicht, duerfir setzen
ech hei an engem vill ze vill decken Trëmmel.

LISBETH

E gët. e sicht,
e wullt, e kricht!
Kên Hoffnungsstär douewen!
O Le'wt, o Trei!
Verbei, verbei!
Ech wëllt, ech wär begruewen!
O armen Herz,
o battre Schmerz,
o ni gefillte Qualen!
Ech sall de' Stonn
am de'wste Gronn
vu mengem Herz verhalen!

LORENZ

E feinen, diskrete Pathos an eng Härd vu sche'nen ale Wirder!
Zum Beispill dat wonnerbart Wurd «Schmerz». Haut hu mer am
E'slek nëmme me' Pengen. a mer si fro', wann se eriwer sin. Mer
kennen et net me', dat sche'nt Wurd «verbei».

LISBETH

Dat ass seng Stëmm!
E kënt erem,
d Gefor ass iwerstanen!
De Gasper liewt,
mein Hêrz sech hiewt,
an d'Le'wt gët net zu Schanen!

Den Här vun Hierg kënt rem eran.

HIERG

T ass kên am Gard,
ma, Männche, ward,
ech sall dech iewel kre'en!
De Borscht hat Gleck,
soss go'w e fleck,
en hätt gele'ert fle'en.
Komm, brawe Be'scht,
deng Ho'f hu we'scht
en haut an d' Ir gefe'ert.

Se hun hir Pro'w
bestan. deng Ho'f.
deng Ho'f, beschlo verke'ert.

E gêt mam Pârd eraus.

LORENZ

Wann en lo net ganz courage'ert an sengem Trëmmel vergèschert
ass, da misst en sech bal weisen. de Gasper. Wuerfir ass en eigent-
lech gelaf? En ass dach stark we' e Pârd.

POL

Stark we' en Ues,
fleck we' en Hues.

Dat wâr d Sprêchelche fer ënnert sei Wopen. Ma t ass mer, ass
misste mer nach eppes op e warden. D Lisbeth mecht sech wârech
nach gâr mat e puer Wirder Lucht.

LISBETH

Eraus, eraus
hei aus dem Haus,
wo' d Le'wt net ka gedauren!
Fort aus dëm Schlass,
well d Häll ass lass
an senge kale Mauren!

WOLTZ

Hat huet, schengt et, Flichte kritt! An dên Ale wollt de Gasper
fle'e le'ren! So' gêt et, wann ên net uecht gêt.

BRANEBURG

Hei kënt de Salamander aus dem Laf gekroch! En huet sech
vleicht Courasch geziddert.

De Gasper kënt eran.

GASPER

Wat he'ren ech
fer härlech Sprêch
vun denge Lëffe falen?

LISBETH

Du bass nach do?
Da soll keng Klo
vu mengem Mond me' schalen!

GASPER

Ech hu mech zreck
an enger Heck
mat aller Force gehalten.

LISBETH

Mei Stär, meng Sonn,
o härlech Stonn!
We' kons de dech bezwangen?

GASPER

Thuet hard gehal,
an t wor och bal
zum Enn aus net me' gangen.

LISBETH

Du bass gesond.
an t soll am Mond
mer gidwer Klo verstommen!

GASPER

Eraus elei
aus dêm Gebei,
an o'ni ons ze sommen!

De Gasper an d Lisbeth gin eraus.

WOLTZ

De' sin durch d Reiser, an de Mond kann nokucken.

BRANEBURG

De Mond an d Pârd an dên Alen! Dên Alen och!

GASPER

Der sallt iech iren, dir Hären. Dên Alen net. Ech kann iech ver-
sächeren, e kënt lo gleich nach eng Ke'er eraus, fer den Epilog
ze halen.

WOLTZ

Kên Epilog, ech bieten iech! Ert Steck huet keng Entschëllegong
ne'deg; t ass keng Zeil dran, de' ze entschëllege wär. Entschëllegt
iech net! Well wann alles eriwir ass, wat soll ên sech dann nach
lang driwer ophalen! Wann dên, dên dat Steck geschriwen huet,
de Gasper gespilt hätt, an en hätt sech am Lisbeth sengem Huese-
bändel opgehang, da wär et en härlecht Trauerspill gewiest. An
t wor och ênt, e wirkleg trauregt Steck, an ongewe'neklech gespilt.

GASPER

Solle vleicht anplatz den Epilog onser e puer en ale Sche'ferdanz
machen?

WOLTZ

Brengt êre Sche'ferdanz! Losst den Epilog schlofe gon!
Musek an Danz.

WOLTZ

T huet Hallewnuecht geschlon om alen Tur.
Kommt, Kanner, opgebrach! Macht iech an d Klapp!
T ass d Stonn, wo' d Gêschtercher om Speicher rabblen.
A ve'er Wochen ass den Hochzeitsdag,
an t gët om Schlass drei Dêg lang durchgemach.

Se briechen alleguer op.

2. Szen.

*Om Speicher zu Woltz om Schlass.
De Puck kënt eragesprongen.*

PUCK

Lo trappt de Bêr rem durch de Bësch,
lo kallen d Fräschen rem am Weier,
lo gët de Fiss'chen op seng Schlëch
a mecht sein Tur em Stall a Scheier.

Lo hault de Wollef op der Hêd,
lo lauden an de Lëschen d Onken,
an dêrbans, steiw vu Middigket,
de Bauer leit am Bett ze ronken.

Lo dêt de Keizchen rem seng Krësch,
a leit enzwo'sch am Duerf e Kranken,
da we'mert en, an t gët em wêch,
an tiwerkommen en d Gedanken.

Lo man sech d Gêschter op am Graw
an hêm an d Heiser an hir Sachen,
lo don se hêmlech Schrein a Schaf
an d Dunnen an de Kummre krachen.

A mir si monter, frësch a fro',
mer sprangen iwer Zonk an Hecken.
mer krauchen durch de' klengste Fo'
a schlaufen an de' deischerst Ecken.

Den Oberon an d Titania komme mat hire Wichtelcher eran.

E WICHTELCHEN

Mer hun am Gebälleks om Speicher ons Fucht,
ma Juegd op Meis an op Spannen,
mer wullen an Huewer, a Kar an a Frucht,
mer sangen onst Lidd a verschwannen.



PUCK

Mer klotren durch d Licht, a mer dabbren om Dach
 a rutsche vun uewe bis ënnen,
 mer kucken no Kulang a Wasserdrach,
 a fort, so' se'er mer kënnen.

TITANIA

Mer schlaufen a gidwer Kummer am Haus
 an trieden hêmlech bei d Better,
 mer strêe Ro' a Fridden aus
 a sêne Giedel a Pätter.

OBERON

Mer lafen durch d Gâng an d Trapen an
 an erof an de Keller bei d Fässer,
 mer kucké, we' Wein a we' Viz sech man,
 a Weissen a Ro'de gi besser.

E WICHTELCHEN

Mer man onsen Tur durch Haff a Geheis,
 durch Schapp an durch Stall an durch Scheier,
 mer son onse Sproch ge'nt Mo'ken a Meis,
 ge'nt Fe'wer, ge'nt Frast a ge'nt Feier.

En Danz.

TITANIA

Hurteg fort, durch d ganz Gebei,
 brengt mer Stuff a Stall an d Rei!

Se lafen no alle Seiten ausernên.

De Puck bleiwt nach eleng do.

PUCK

Mer rullen a rennen a rosen durch d Haus,
 mer blösen de Stêps aus de Foen eraus,
 mer flecken dat Alt a mer schauern dat Neit,
 t gêt am Keller geraumt an om Speicher gereit,
 bis d Nuecht ge'nt de Muergen dem Dag rem weicht
 an hemlech iwert d Berger schleicht.



Rideau.